

2018/N°96



# Lëtz made it

# Stëmm
## VUN DER STROOSS

# Editorial

« Lëtz made it » ass den Titel vun der Zeitung, déi dir grad am Grapp haalt. Et ass net ofzestreiden, dass mer eis bei der Iwwerschrëft um neie Landesslogan « Luxembourg, let's make it happen » inspiréiert hunn.

An dëser Editioun wëlle mer Iech, léif Lieser, Persounen an hir Produite virstellen, déi der sou vläit nach net kennt. Op dëser Plaz wëll ech dann och déi ganz Zeitung als Publireportage* ukënnegen. Mam Ënnerscheed, dass mir net bezuelt goufen. De Choix vum Interviewpartner gouf reng op Basis vun de perséinlechen Interesse vum jeeweilege Redaktiounsmember getraff.

Wann ee mech freet, wat typesch lëtzebuergesch ass, dann äntwerten ech ëmmer: Eis Sprooch an d'Gléck ze hunn, 3 weider Friemsproochen an der Schoul dierfen ze léieren. Gläich zwee Experte konnte mer zu dësem Thema befroen. Eng Kéier den Här Jérome Lulling, Co-Auteur vum Luxdico an Auteur vum Site Bonjour.lu, déi aner Kéier, d'Madame Christiane Ehlinger, Auteur vun diverse Lëtzebuerger Kannerbicher a Korrekturlieserin vun eiser Zeitung. Eent ass sécher: Eis Sprooch gëtt esou vill geschwat wéi nach ni virdrun an ass sécher net vum Ausstierwe bedrot. Op der anerer Säit wier et awer och net vu Mutwëll, wann d'Sprooch an der Schoul e bëssi méi gefërdert géing ginn. Ech muss éierlech zouginn, ech kann et bis haut nach net feelerfräi schreiwen. Ouni de Site spellchecker.lu an eis zwou Korrekturlieserinne géing ech mech op dëser Platz zimlech blaméieren.

D'eLKa huet sech mat der Kënschtlerin Anne Mélan ënnerhalen, fir méi iwwert hiert Liewen an hir Wierker gewuer ze ginn. A wou mer grad vun hire Wierker schwätzen, d'Coverbild ass eent dovun.

De Beruff vum Wäisommelier ass jidderengem e Begrëff. Mee wousst Dir, dass et och de Beruff vum Béiersommelier gëtt? De Marco huet sech am Gespréich mam Sebastien Symolka, éischte Béiersommelier zu Lëtzebuerg, iwwert d'Béierkultur ënnerhalen.

Whisky gëtt net nëmmen a Schottland mee och zu Contern distilléiert. D'Angel huet de Jean Claude Muller, Produzent vum « Éim Néckels » interviewt, fir méi doriwwer erauszefannen.

Bei eise Recherchen no regionale Produite si mer op den Internet-site www.top10.lu gestouss. Wat d'Membere vun dësem Veräi maachen, kënnt der op Säit .... noliesen.

D'Carte blanche ass dës Kéier vum Dr. Paul Hentgen, Psychiater am CHNP zu Ettelbréck. Den Dr. Hentgen stellt hei d'Reform vun der Psychiatrie a Fro.

Nieft dëser klenger Virstellung kënnt Dir nach eng Rëtsch weider interessant Texter fannen. Ech wënschen Iech vill Freed beim Liesen.

Michel Hoffmann

*Le **publireportage** est une méthode de promotion commerciale qui vise la publication, dans la presse écrite, à la télévision, sur internet ou tout autre média, d'une information, prônant l'usage d'une marque ou d'un produit vendu par la personne ou l'organisme qui finance cette information (...).*

*Les médias écrits qui suivent la déontologie du journalisme précisent de manière explicite que ce qu'ils diffusent est à caractère publicitaire en ajoutant la mention « publireportage », « publicommuniqué » ou « communiqué »*

*Source : https://fr.wikipedia.org/wiki/Publireportage*

#1 **Scannen** Sie diesen DIGICASH QR-Code
**Scannez** ce QR Code DIGICASH
#2 **Geben** Sie den Spendenbetrag ein
**Indiquez** le montant de votre don
#3 **Bestätigen** Sie mit Ihrem Fingerabdruck oder PIN Code
**Validez** avec votre empreinte digitale ou votre code PIN
www.digicash.lu
Machen Sie eine Spende mithilfe Ihrer **DIGICASH App**
Faites un don en **6 secondes** grâce à votre app mobile **DIGICASH**
DIGICASH MOBILE PAYMENTS
Stëmm vun der Strooss

Que celui ou celle qui sait lire, lise et partage ce journal avec celui ou celle qui n'a pas pu apprendre à lire!
Lieber Leser, teilen und lesen Sie diese Zeitung mit den Menschen, die das Lesen nicht lernen konnten!



# Lëtz made it


| | |
|---|---|
| 2 | Editorial |
| 4 | Interview mam Christiane Ehlinger |
| 6 | Humulus et Fermentum |
| 10 | Au chant on connaît l'oiseau |
| 14 | Interview mit Anne Mélan |
| 18 | Carte Blanche |
| 21 | Artdeco |
| 22 | Ecotrell |
| 23 | Koll an Aktioun |
| 25 | Interview Jérôme Lulling |
| 28 | Angels Filmkritik |
| 29 | Éim Néckels - E Lëtzebuerger Whisky |
| 31 | La fête de l'insignifiance ? |
| 32 | Interview mat TopTen |
| 34 | Soziale Rechte |
| 36 | Plaquette de présentation |
| 37 | Klick |


Rejoignez-nous sur facebook
Join us on facebook
Werde Mitglied auf facebook

# Interview mam Christiane Ehlinger

## Mir ass et net Angscht ëm d'Lëtzebuerger Sprooch



***Kënnt Dir Iech kuerz virstellen?***

Mäin Numm ass Christiane Ehlinger, ech si pensionéiert Léierin, an ech sinn och Auteur vu Kanner-, Jugend- an och Erwuessenebicher, an ech interesséiere mech ganz vill fir d'Lëtzebuerger Sprooch.




***Wat war Är Motivatioun oder Inspiratioun, fir Bicher fir Kanner a Jugendlecher op Lëtzebuergesch ze schreiwen?***

Déi Zäit, wou ech Léierin war, ass et u sech net ganz vill Material op Lëtzebuergesch ginn, fir mat de Kanner ze léieren oder ze liesen. An dofir hunn ech ugefaangen, kleng Gedichter ze schreiwen, déi vun engem Kolleeg, dem Tun Weber, vertount goufen. D'Bicher KRABABBEL a SCHWÄTZ KEE BLECH hu sech gutt fir d'Lëtzebuergescht am Fondamental gëeegent. Duerno koumen nach aner Kannerbicher, ënner anerem de KLONI KLUNNES, wat e ganz groussen Hit ginn ass. Esou ass et lues a lues virugaangen, bis zu deem Moment, wou ech ee jonke Mann kennegeléiert hunn, deen dir och alleguerte kennt, "Ee feine Jong", dee mir säi Liewen erzielt huet. Sou sinn zwee Bicher iwwert d'Drogeproblematik entstanen, déi groussen Uklang an de Lycéeë fonnt hunn. Spéider hunn ech nach Sachbicher geschriwwen, och Geschichte mat pedagogeschem Hannergrond. MAXIMAX z.B., geet iwwert Mobbing, oder D'LYNN AN DE CHAREL geet iwwert d'Sexualerzéiung. Zu engem Moment koum dunn e Buch iwwert d'Lëtzebuerger Orthographie dobäi, DE ROUDE FUEDEM, mat deem ee ka léieren, richteg Lëtzebuergesch ze schreiwen. Nodeem ech pensionéiert war, hunn ech Coursen iwwert d'Lëtzebuerger Rechtschreiwung gehalen.





***Wou hutt Dir Lëtzebuergesch geléiert?***

Ech hu mer et selwer bäibruecht. De Josy Braun hat deemools en éischt klengt Bichelchen erausginn, wéi ee richteg Lëtzebuergesch schreift, an doropshin, well et mech schrecklech interesséiert huet, hunn ech selwer geléiert. Meng Bicher sinn an der Imprimerie vun enger Correctrice verbessert ginn, an un Hand vun deene Verbesserungen hunn ech da gekuckt: wat has du falsch gemaach, wéi muss et richteg sinn an esou weider. Ons Schreifweis ass guer net sou schwéier, wéi vill Leit mengen. Et muss ee just e puer Reegele kennen.

***Haalt Dir och Lëtzebuergeschcoursen an de Schoulen?***

Bei déi kleng Kanner aus der Primärschoul ginn ech net, déi léieren nach wéineg d'Lëtzebuerger Rechtschreiwung. Mee ech hunn 10 Joer laang bei de Staatsbeamte Coursë gehalen. D'Lëtzebuerger Orthographie ass ënner anerem och ee Fach an hirer Formation générale an och an der Formation continue. Dann halen ech och




a verschidde Gemengen Owescoursë fir Leit, déi interesséiert sinn. Ech hunn och scho beim radio 100,7, bei verschiddenen Administratiounen, wéi z.B. de Statec, an och bei Iech, der Stëmm vun der Strooss Coursë gehalen. Eben iwwerall do, wou ech gefrot ginn. Well et gëtt jo ëmmer méi op Lëtzebuergesch geschriwwen, a vill Leit wëllen et dann och richteg schreiwen.

***Ass et Ärer Meenung no wichteg, dass an eise Schoule méi Lëtzebuergesch misst geléiert ginn?***

Well ech selwer 40 Joer Léierin wor, hunn ech d'Changementer gutt materlieft. Et kommen ëmmer méi auslännesch Kanner an ons Schoulen, déi eng aner Mammesprooch hunn a guer kee Lëtzebuergesch verstinn. Mat deene Kanner gëtt scho geziilt, vun der Spillschoul un, Lëtzebuergesch geléiert. An dat ass och gutt esou, well d'Lëtzebuergescht jo d'Integratiounssprooch ass. Um Programm vum Fondamental steet just 1 Stonn pro Woch Lëtzebuergesch. Och wann d'Lëtzebuerger Kanner hir Mammesprooch schwätze kënnen, geet déi eng Stonn net duer, fir hinnen d'Schreifweis ze vermëttelen. Dacks héieren ech erwuesse Lëtzebuerger soen: Ech kann ons Sprooch net schreiwen, well ech et net an der Schoul geléiert hunn. Vun alle politesche Parteien héiert een, d'Lëtzebuerger







Sprooch misst méi gefërdert ginn. Firwat net eng zweet Stonn op de Programm setzen? Wichteg wär och, dass Lëtzebuergesch e Flichtprogramm bei der Ausbildung vum Léierpersonal op der Uni wär. Si sollen et de Kanner bäibréngen, a se kënnen et dacks selwer net. Och ons Ministeren an Deputéiert kéinten emol e klengen Effort maachen, fir feelerfräi schreiwen ze léieren.

***Wéi gesitt Dir d'Evolutioun vun der Lëtzebuerger Sprooch haut? Ass et besser oder schlëmmer?***

Zënter Email an SMS komm sinn, gëtt ëmmer méi op Lëtzebuergesch geschriwwen. Ech fannen, et gëtt och méi geschwat, well esou vill Auslänner sech druginn, fir et a Coursen ze léieren. Allerdéngs gëtt doduerch ons Sprooch net méi esou "propper" geschwat. Vill typesch Lëtzebuerger Ausdréck verschwannen, an et ginn nach méi friemsproocheg Wierder gebraucht, wéi mer der elo schonn hunn. Besonnesch englesch Ausdréck kommen déi lescht Zäit dobäi.




***Wéi gesitt Dir d'Zukunft vun der Lëtzebuerger Sprooch?***

Mir ass et net Angscht ëm d'Lëtzebuerger Sprooch. Hei zu Lëtzebuerg wäert se bestoe bleiwen, dovu sinn ech iwwerzeegt. Mir sinn e klengt Land, a mir sinn esou multikulti, dass ganz vill Sproochen hei geschwat ginn. Awer Lëtzebuergesch soll eng Integratiounssprooch bleiwen.

Et soll net zougelooss ginn, dass een e lëtzebuergesche Pass ka kréien, ouni ee Wuert kënnen ze schwätzen. Dat fannen ech net richteg. En Auslänner, dee wëll Lëtzebuerger ginn, muss och kënne Lëtzebuergesch schwätzen a verstoen, och wann et net perfekt ass. Mee ech hu keng Angscht, dass ons Sprooch sollt verschwannen.

Maureen/Flanter

# Humulus et Fermentum

## Interview mam Här Sebastian Symolka, Béier-Sommelier zu Lëtzebuerg

***Marco:*** ***De Beruff Béier-Sommelier, wéi a wou léiert een dat ?***

Sebastian: Et gi verschidde Firmen oder Betriber, déi eng Ausbildung ubidden. Ob een dat elo als Beruff bezeechne kann, loossen ech emol opstoen, et ass eng Ausbildung.

***Marco: Ass dat dann op Freelance-Basis ?***

**Sebastian:** Fir mech ass et esou, dass ech meng eege Firma gegrënnt hunn. Ech muss awer och dozou soen, dass et immens schwiereg ass wéinst der aktueller Gesetzeslag hei am Land, mee ech wollt mäin eegene Volet hunn. Béier-Sommelier kann een u sech an Däitschland bei der Doemens-Akademie (www.doemens.org) léieren. Dat ass dann den duale System mat dem éisträicheschen (Axel Kiebsye's Bier Kulturhaus). Soss gëtt et och den Cicerone Programm, deen allerdéngs zu Chicago oder a Brasilien ugebuede gëtt. Ech hunn de Buttek op sur demande, also Freelance an engem gewësse Sënn.

***Marco:*** ***Wéi ass dat dann hei zu Lëtzebuerg, ass dat dann och esou bekannt wéi am Ausland ?***

**Sebastian:** Nee, hei ass dat alles ënnert dem Radar gehalen. Iwwerall, wou een hikuckt, sinn d'Reklammen ëmmer déiselwecht. Do brauch ech och keng Nimm ze nennen. Jidderee kennt déi grouss Brauereien hei zu Lëtzebuerg. Ech fannen dat schued, well et hei zu Lëtzebuerg jo vill verschidden Nationalitéite ginn an domadder och vill verschidde Konsumente ginn. Säitdeem ech ophunn, gesinn ech, wéi d'Demande vun de Leit ass, a wat fir ee Choix se wëllen hunn.

***Marco:*** ***Wat ënnerscheet de Béier, deen Dir verkaaft vis-à-vis vun deem vun de grousse Brauereien ?***

**Sebastian:** Beim selwer gebraute Béier si keng chemesch Zousazstoffer (zB PVPP*) oder Traitementer (z.B. Pasteurisatioun, Filtratioun etc.) bäigesat, an et ass och ee ganz anere Goût. Wann een elo de gebraute Béier vun de grousse Brauereie kuckt, do sinn oft aner Zousazstoffer / Traitementer doranner. Dëst schonn eleng, fir de Béier méi laang haltbar a stabil ze maachen.

A bei de grousse Brauereie steet eng aner Philosophie hannendrun. Do geet et dorëms, esou vill wéi méiglech Clienten ze erreechen,wat de Béier schlussendlech och méi bëlleg mécht.

De Béier, deen ech verkafen, dee schmaachen ech fir d'éischt. Da leeën ech dat u verschidde Kritäre fest. Do spillt de Goût eng grouss Roll dobäi.

Bei de grousse Brauereie spillt d'Lagerung/ Distributioun och eng grouss Roll. Wann een heiansdo kuckt, da gesäit een, dass de Béier



laang dobaussen an der Sonn steet, ier en erageholl gëtt. Dat läit awer och um Transporteur, deen net richteg Bescheed weess, wat iwwerhaapt net gutt fir de Béier ass.

***Marco:*** ***Déi grouss Brauereien, sinn déi gewëllt, mat lech zesummenzeschaffen, oder ass et do méi esou, dass d'Mikrobrauereien ënnert sech sinn ?***

**Sebastian:** Also ech fille mech elo net als Konkurrent vun deene grousse Brauereien. Dee Béier, deen ech verkafen, ass keng Camelote, a leider Gottes ass et esou, dass de Béier vun de Brauereie ganz bëlleg hiergestallt gëtt an och vill verkaf gëtt. Hir Philosophie schéngt ze sinn, dass de Béier bëlleg muss sinn.

Doranner hunn ech z.B. eng aner Meenung. Z.B. spillt den Happ eng grouss Roll oder och de Malz, mee och aner Zoutaten, z.B. wann ee Vanill benotzt – de Präis vu Vanill läit wierklech héich... Am Craft gi grouss Menge verbraucht, ech schwätze elo vu Kiloe. An dat geet an d'Geld. Wann een sech d'Reinheitsgebot ukuckt, dann huet dat net vill mat « Reinheit » ze dinn (kuckt chemesch/technesch Hëllefsmëttel) – Reinheitsgebot heescht korrekt «vorläufiges Biersteuergesetz » vun 1993, an do sinn immens vill Hëllefsmëttelen erlaabt. Fréier gouf och mat Kraider gebraut, wat en natierleche Produit ass. Och wann haut meeschtens Happ geholl gëtt, gëtt et och do präislech Ënnerscheeder.

Ech si vill ze kleng fir ze behaapten, ech wär e Konkurrent vun de grousse Brauereien. An nee, mir schaffen net zesummen.

***Serge:*** ***Wéi héich war de Prozentsaz vum Béier, deen Dir gebraut hutt ?***

**Sebastian:** Den éischte Béier, deen ech gebraut hat, dat waren 8,7 %, an den zweete war 9%.

***Misch:*** ***Dir maacht jo net nëmme Béier, mee Dir kaaft e jo och an, fir weiderzeverkafen. Wat fir Kritäre muss dee Béier hunn, dass e bei lech an d'Geschäft kënnt ?***

**Sebastian:** Also bei de potentielle Brauereie kucken ech mir un, wat si unzebidden hunn. Ech treffe mech mat hinnen, schwätze mat hinnen, fir erauszefannen, ob Kontingent do ass fir ze brauen. Si verloune jo dann een Deel vun hirer Brauerei. Dat ass fir mech als Produzent eng gutt Saach,well een sech e bësschen austobe kann an och experimentéiere kann; fir d'Brauerei ass et interessant, well si besser ausgelaascht gëtt.

Kritäre fir Craft Béier ze importéieren, sinn déi heiten: Wichteg ass et, déi Leit kennenzeléieren, déi hannert dem Produit stinn an hir Philosophie ze verstoen. An dann ass jo och de Volet, wat gebraut gëtt. Craft Brauer sollten och transparent sinn, z.B. wann ech si froen, wat fir een Happ a wéi vill Happ se benotzen, da soe si engem dat och. Natierlech behandelen ech dat och mat Vertrauen, wann erwënscht.

De Béier selwer muss Style-konform sinn, e muss « drinkability » matbréngen, heescht ënner anerem, interessant fir de Publik sinn a qualitativ héichwäerteg wéi natierlech sinn.

Wat elo meng Wuer betrëfft, déi ech verkafen, do ass et esou, dass ech scho mëttlerweil meng bestoend Clientèle andeele kann, wat fir ee Béier am beschten



zu hinne passt. Z.B. hunn ech mëttlerweil festgestallt, wat fir ee Béier zu menger skandinavescher Clientèle besser passt oder zu der Lëtzebuerger Clientèle. Fir mech ass dat immens spannend an et soll präislech jo och opgoe fir d'Geschäft, mee och fir de Client. Dofir verkafen ech meng Wuer och fir ee gudde Präis,




wou ech och vis-à-vis vum Internet mathale kann. Et geet mir och elo net doräms, fir räich domadder ze ginn , mee ech ka mäi Loyer domadder bezuelen an ech hu Spaass domadder, dat geet dach duer.

Ech si fräi doranner, an dat fannen ech gutt dobäi. Z.B. kann ech och nee soen, wann ech wëll, soss misst ee vill Kompromësser maachen, déi potentiell net gutt wieren, speziell fir de Konsument an d'Béierkultur.

***Marco:*** ***Vu wat fir enger Quantitéit schwätze mir dann hei, wa mir de Verkaf kucken?***

**Sebastian:** Dat hänkt ganz vill dovunner of, wéi héich dass d'Nofro ass. Wéi grouss sinn d'Paletten, oder wéi vill Fläsche sinn drop, a wéi grouss sinn d'Fläschen? Esou eng Palette kann 1200-1700 Fläschen hunn. A mëttlerweil verkafen ech och Fässer. Do passe bis zu 32 op eng Palette.

***Marco:*** ***Är Clientèle, ass déi méi privat, oder sinn do och Caféen dobäi?***

**Sebastian:** Et sinn déi zwee. Privat bedreiwen ech mäi Geschäft op Demande an Nofro.

***Misch:*** ***Wat ass Är Philosophie vum Verkaf hier a vum Béier?***

**Sebastian:** Ech fannen dat spannend, wann een an de Café geet, an et gesäit een déi verschiddenst Leit aus alle gesellschaftleche Schichten do sëtzen a sech einfach emol eppes gënnen, och wann de Béier e bëssche méi deier ass. An da kommen se och emol an d'Gespréich mam Noper, wou se sech virdrun emol net ugekuckt hunn. Da froe se sech, wat fir ee Béier dat ass, deen se drénken a kommen esou an d'Gespréich. Dat fannen ech super, well deen Ament gëtt geschwat an net mam Handy gespillt. Dofir heescht et och op Englesch Pub (Public House). Et ass eng Plaz, fir sech ze treffen a wou och Kommunikatioun stattfënnt. Dat ass en Deel vu menger Philosophie, an dann natierlech och Béierkultur.

***Misch:*** ***Dat passt och gutt bei déi nächst Fro, ass Iech de Begrëff INDIA-PALE-ALE ofgekierzt (IPA) bekannt, a wat ass dat ?***

**Sebastian:** Wann ee vun Ale schwätzt, dat ass en Uewergäregen, an et gëtt och een Ënnergäregen, dat huet mat der Hief ze dinn. Den Uewergäregen, dee gëtt mat méi héijen Temperaturen (15-25 Grad) vergäert. An den Ënnergärege bei méi kalen Temperaturen (5-9 Grad). Vum Goût hier ass et och ee groussen Ënnerscheed: den uewergärege Béier produzéiert méi Etheren, Fruchtaromen. An den India-Ale-Pale ass ee Béier, wou méi Happ gebraut gouf, an den Alkoholgehalt ass och méi héich. Wéi ass den Numm India-Pale-Ale entstanen? Historesch seet een, datt an Indien net gebraut konnt ginn (ze waarm) an d' Kolonialmuecht hire Béier huet misse mat Schëffer bis dohinner transportéieren. Dëse Béier wor méi staark am Alkohol a méi staark gehaapt, fir e méi haltbar ze maachen. Et ginn Zorte Béier, speziell am Style IPA, déi z.B. no Mango schmaachen, wou d'Leit da mengen, dass am Béier Mango dran ass. Dat ass awer net wouer, dat kënnt eleng vum Happ.

***Marco:*** ***De Béier, deen Dir gebraut hutt, ass dee reng aus lëtzebuergesche Produite gemaach?***

**Sebastian:** Nee, wéi am Fong leider all eise Béier, ech kafen d'Ausgangsprodukter wéi Happ, Malz an Hief am Ausland an. Bei mengem Béier, deen ech an engem hëlzene Faass gelagert hunn, ass et esou, dass d'Eech hei zu Lëtzebuerg gewuess an da geschnidde ginn ass an a Frankräich zu engem Faass zesummegebaut ginn ass. Duerno wor roude Wäin doranner, fir dann duerno eng Visitt vu mengem Béier ze kréien.

***Marco:*** ***Wat fir Eegeschafte muss ee Béier besëtzen, dass Dir en an Äre Verkaf eranhuelt ? Geet et do ëm de Geschmaach oder ëm d'Mark vum Béier, oder sinn et d'Produiten ?***

**Sebastian:** Also ganz sécher huet et mat allem ze dinn. Fir mech ass et wichteg ze wëssen, wéi gëtt de Béier gebraut, a wat fir Produite sinn doranner. An ass et elo een héich qualitative Béier, oder sinn do méi Extrakten dran. An da kënnt jo och nach dobäi, wat ech wichteg fannen, wéi stellt sech déi Mark duer? D'Fro, déi ech mir ëmmer stellen: wéi gesinn ech de Marché mat deene Marken, déi ech verkafen, an der Zukunft.

Ech hunn och ee gutt Beispill. Do ass z.B. ee Braumeeschter extra aus Schottland erofkomm, deen elo net vun enger grousser Brauerei hierstaamt an huet sech mat den normale Bierger dohinner gesat, fir hinnen hir Froen ze beäntwerten. Dorunner gesäit een, dass et hei reng ëm de Béier geet. An dat fannen ech einfach spannend a flott, mat esou Leit zesummeschaffen ze kënnen. Et muss een och soen, dass de Mann heihinner komm ass an näischt verlaangt huet. Deen huet säi Fluch selwer bezuelt a seng sämtlech Ausgaben, déi hien hat, op sech geholl. Ech konnt, wéi de Braumeeschter, och dovunner profitéieren, well ee groussen Austausch konnt stattfannen.

***Marco:*** ***Berot Dir d'Leit och, wat fir ee Béier ee beim Iessen drénke kann?***

**Sebastian:** Jo, ech hunn do mat verschidde Restaurante schonn zesummegeschafft, z.B. e Restaurant zu Bartreng, wou si de Menü opgestallt hunn, a wou ech da meng Virschléi gemaach hunn. Do woren e puer verschidde Menüen, wou mir festgestallt hunn, dass bei deem Plat besser dee Béier passt a bei engem anere Plat vläicht en anere Béier besser dozou passt. Et hänkt awer och vun der Clientèle of.

Mir haten een Dag festgeluecht, wou ech mech mam Personal vun der Kiche getraff hunn, a wou mir da festgeluecht hunn, bei wat fir engem Menü mir wat fir e Béier virschloen. De Chefkach huet och meng Iddi opgeholl, fir eng Béierzooss ze kreéieren, déi elo erfollegräich op der Kaart steet a vum Konsument genoss gëtt.

***Misch:** Ech sinn eng Persoun, déi gär säi Béier äiskal drénkt. Meng Fro wär, ass dat esou, dass een de Béier äiskal drénke soll ?*

**Sebastian:** Also do muss ech soen, dass mir hei zu Lëtzebuerg ze kal zerwéiert ginn. De Béier hei gëtt an der Reegel mat 4 Grad zerwéiert. Dat ass einfach ze kal. Wann een de Béier zerwéiert, soll e 6 Grad hunn, jee no Béierstil. Wat de Béier méi waarm ass,wat och méi Aromae fräigesat ginn. Normalerweis soll eng Orval z.B tëschent 10 bis 12 Grad hunn. Kucken ech elo déi englesch Béieren (Real Cask Ale), déi kënnen esouguer Zëmmertemperatur hunn, also 12 bis 15 Grad. Als Konsument ass et e bësse schued, wann de Béier ze kal zerwéiert gëtt, well et verstoppt och Feeler. De Goût kënnt esou net zum Virschäi wéi e soll.

***Marco:** Wéi eng Mikrobrauereien a wéi vill Mikrobrauereie ginn et zu Lëtzebuerg?*

**Sebastian:** Also momentan ass villes a Beweegung, an elo zur Zäit, wann ech mech net iren, ginn et hei zu Lëtzebuerg tëschent 23 a 24 Mikrobrauereien. Ech fannen et gutt, dass et Mikrobrauereien iwwerhaapt ginn. Si si méi kreativ, wat déi grouss Brauereie betrëfft, a fir d'Leit ass de Choix méi grouss.

***Marco:** Wéi gesitt Dir d'Zukunft, wat déi privat Mikrobrauereie betrëfft?*

**Sebastian:** Et si vill Mikrobrauereien, déi an der CBBL (Confédération des Brasseries et des Brasseurs du Luxembourg) sinn. D'CBBL ass fir Brasserien a




Brasseuren do, wou ech awer e bëssche skeptesch doranner sinn. Wann een z.B. d'Statute kuckt, da relativéiert sech esou munches.

Duerch d'Gesetzeslag ass et fir Mikrobrauereie grad vu Lëtzebuerg immens schwiereg, am HoReCa oder de grousse Surfacen ze verkafen, a vun de grousse Brauereie gëtt op de Cafetier Drock ausgeüübt. D'Thema vum Cabaretage ass politesch, an de Projet de Loi 6184, dee säit 8 Joer net ugepaakt gouf, ass net liberal genuch, fir kreative Leit an deem Beräich den néidege Fräiraum ze schafen, fir hir Start-up ze grënnen. De Konsument huet fir mech Recht op Béiervillfalt, an d'Qualitéit wäert sech duerchsetzen.

Weider Informatiounen op : www. http://humulus.lu/ D'Stëmm vun der Strooss seet Iech Merci fir den Interview.

Marco

**E-1202 Polyvinylpolypyrrolidon ass e Plastik, deen aus enger chemescher Reaktioun aus Vinylpirrilidon hiergestallt gëtt. E gëtt net vum Kierper ugeholl, an en huet Eegenschaften, aner Moleküle fest un sech ze bannen. Aus deem Grond gëtt en als Trägerstoff fir Vitaminnen an Aromaen agesat.*

*Polyvinylpolypyrrolidon (PVPP – E1202) ass vun der EU net als <Höchstmengenbeschränkung> deklaréiert, an en ass ausschliisslech fir <Nahrungsergänzungsmittel> an enger Form vu Pëllen oder Dragéeën zougelooss. Ausserdeem déngt en als techneschen Hëllefsstoff vun der Produktioun vum Wäin a vum Béier, fir onerwënscht Stoffen erauszefilteren.*

*PVPP gëllt als onbedenklech. De Verbraucherschutz warnt trotzdeem, dass een net all ze vill zou sech huele soll.*

# AU CHANT ON CONNAÎT L´OISEAU

## Rapport sur la francophonie au Luxembourg

Aleš Knapp Kis

***Männer und Frauen Luxemburgs! Luxemburgische Jugend! Ihre Sprache sei deutsch und nur deutsch!***

*§1. Die Amtssprache ist ausschließlich die deutsche Sprache.*

*§2. Der Unterricht in allen Schulen erfolgt allein in der deutschen Sprache.*

*§3. Tageszeitungen, Wochenzeitschriften und alle sonstigen Schriften dürfen lediglich in deutscher Sprache erscheinen.*)*

C´est une plaisanterie? Non, c´est *Verordnung über den Gebrauch der deutschen Sprache im Lande Luxemburg vom 6.August1940. **)* Le 1 juin 1941, l´administrateur civil *(Chef der Zivilverwaltung)*, installé au Luxembourg par les Allemands, renforce les exigences des Allemands avec un entêtement croissant:

*Diese Verordnung macht Schluß mit den französischen Ausdrücken ´bonjour´, ´bonsoir´, ´merci´, ´pardon´, ´Madame´ usw. Zuwiderhandlungen werden mit Haft- und Geldstrafe bestraft. ***)*

### LA RÉSISTANCE

Décembre 2014, Musée de la Résistance, Esch-sur-Alzette, exposition temporaire «Traqué, caché»:

-*Kommen sie zurecht? Soll ich etwas erklären? ****)*- questionne l´employé du musée, un homme d´un certain âge.

Nous restons bouche bée. Après avoir lu le décret exigeant d´une manière extrêmement insolente le bâillonnement des Luxembourgeois qui préfèrent la langue française à celle des Allemands, nous n´avons pas envie de discuter en allemand. En français, nous expliquons :

Toutes les expansions allemandes, soit au niveau politique, militaire ou économique commencent par une expansion linguistique. L´exemple révélateur est le traité de Munich du 29 septembre 1938, signé par l´Allemagne, l´Angleterre, par le *duce* italien Mussolini et le premier ministre français Daladier, ordonnant à la Tchécoslovaquie de céder au «Troisième Reich» les «Sudètes»: la région côtoyant la frontière allemande où la population tchécoslovaque maîtrise l´allemand. Le principe linguistique des expansions allemandes : vous avez beau être Tchèque, Autrichien, Hongrois, Slovaque, Polonais, Roumain, Lituanien, Russe, Italien, Français, Suisse, Danois, Hollandais, Belge ou Luxembourgeois, vous avez beau être bilingue ou trilingue, pour peu que vous maîtrisiez l´allemand, vous appartenez au peuple *(das Volk)* allemand. Autrement dit: *Eine Sprache – Ein Volk – Ein Reich – Ein Führer*. La République tchécoslovaque ayant perdu plus d´un tiers de son territoire devient bientôt définitivement la proie de l´expansion allemande: le 15 mars 1939, elle cesse d´exister et, envahie par l´armée *(Wehrmacht)* et par la police secrète *(Gestapo)* du «Big Brother» allemand, elle se change en *Reichsprotektorat Böhmen und Mähren*.

L´employé du Musée de la Résistance parle le français aussi bien que l´allemand. Pourquoi adresse-t-il la parole en allemand aux visiteurs qui lui ont dit, tout à l´heure, «Bonjour» en français?

Au chant on connaît l´oiseau.

### LE GERMANISTE

Nous feuilletons le journal *Luxemburger Wort* du 27 juin 2013, supplément Die Warte, page 3. Nous lisons un compte rendu. On vient de sortir du Musée de la Résistance à Esch-sur-Alzette et le texte allemand sur le multiliguisme au Luxembourg nous fait dresser les cheveux sur la tête. En s´appuyant sur le livre intitulé *Vielfalt der Sprachen – Varianz der Perspektiven*,

l´auteur du texte s´efforce à convaincre la population luxembourgeoise qu'il est nécessaire que tous les habitants du Grand-Duché acceptent la langue du grand voisin *(großer Nachbar)* allemand comme patrimoine légitime *(legitimes Kulturerbe)* de leur pays.

Est-ce une mauvaise plaisanterie d´écrivaillon? Point du tout. Le livre en question vient de paraître en Allemagne (Transkript Verlag, Bielefeld 2013), les textes sont choisis et rédigés par «Professor für Mediävistik und Linguistik» à l´Université du Luxembourg Heinz Sieburg.

Les Tchèques aiment le Grand-Duché. Ils savent que c´est un pays traditionnellement francophone, qu´au Luxembourg on parle français et qu´il est possible de se débrouiller en parlant allemand. Ils aiment Jean de Luxembourg, roi tchèque d´origine luxembourgeoise. Ils ne l´appellent pas «Jean l´Aveugle» mais ils l´appellent correctement Jean de Luxembourg (Jan Lucemburský). Ils apprécient sa mort héroïque pour la France pendant la guerre de Cent Ans contre l´Angleterre. Bien des gamins tchèques qui jouent aux soldats font usage de ses célèbres paroles: le roi tchèque ne s´échappe jamais du combat!

Charles IV (1316-1378), fils de Jean de Luxembourg, empereur romain et roi tchèque d'origine tchéco-luxembourgeoise, est sans nul doute l´un des plus remarquables personnages de l´histoire européenne. Suivant l´exemple de l´université parisienne, Charles IV devient fondateur de l´université à Prague (1348), la plus ancienne université au nord des Alpes, plus ancienne que toutes les universités allemandes y compris celle de Heidelberg. En 1354, Charles IV promeut le Comté de Luxembourg au rang de Duché, Luxembourg est lié par union personnelle au Royaume tchèque dont la capitale Prague constitue le centre politique et culturel de tout l´Empire. Comme nous ne sommes pas victime du tripatouillage du passé au nom du futur, nous savons bien Charles IV, envoyé par son père à Paris pour faire ses études et apprendre à parler, lire et écrire en français et en latin, est aussi bien francophone que francophile.

Nous avons bien des possibilités de constater que la «perspective» de M.Sieburg présentée dans le livre *Vielfalt der Sprachen – Varianz der Perspektiven* est davantage fondée sur la fantaisie visionnaire que sur l´expérience. Nous passons un coup de fil à l´université, afin de poser quelques questions: pour quelle raison M.Sieburg, spécialisé dans l´histoire du moyen-âge, ainsi que ses collègues, dissimulent-ils dans leur livre l´existence de l´empereur Charles IV de la Maison de Luxembourg? Pourquoi l´auteur du texte concernant l´histoire de la francophonie ne dit-il rien sur la langue française au Luxembourg avant 1815? Pourquoi ne souffle-t-on mot sur le bâillonnement de la population francophone pendant l´occupation allemande?

*-Excuse-me, I don´t speak French.*

Nous en restons cois : M.Sieburg, «professeur de linguistique» à l´université dans un pays francophone, ne parle pas français. Quant aux questions posées, il essaie de s´en tirer par des pirouettes.

Nous ne croyons pas qu´il soit convenable de faire venir au Luxembourg des professeurs de linguistique qui ne savent pas discuter en français. Quoi de plus facile que de trouver un autre professeur de linguistique maîtrisant le français ainsi que l´allemand? Quoi de plus facile que de changer de professeur?

Au chant on connaît l´oiseau.

## LA DÉBÂCLE

Friedrich Dürrenmatt, dramaturge suisse écrivant en allemand, nous parle ouvertement: il s´installe dans le canton francophone Neuchâtel afin d´y trouver «l´asile linguistique». Franz Kafka, romancier pragois connu dans le monde entier, écrivait ses ouvrages en allemand. Sa langue maternelle ne l'empêchait pas de faire de surprenantes confessions linguistiques: «Je n´ai jamais vécu chez les Allemands; l´allemand est ma langue maternelle, il m´est donc naturel, mais j´aime bien mieux le tchèque. Je lis presque uniquement du tchèque et du français.»

Le texte de son chef-d´œuvre *Le Procès* (1925), est une grande moquerie. Kafka, étant docteur en droit, tourne en dérision le jargon de toute la communauté allemande des hommes de chicane: les juges, les procureurs, les avocaillons, les policiers… Il nous apprend que l´expansion de la langue allemande n´est pas une expansion poétique dont rêve Madame de Staël dans son éloge du pays voisin intitulé *De l´Allemagne* (1810), lorsqu´elle considère l´Allemagne comme « le pays peuplé de poètes et de penseurs » *(Das Land der Dichter und Denker)*. Kafka nous apprend que la langue allemande n´est plus celle de Heine ou Goethe. Il nous prévient : l´allemand convient fort bien aux auteurs des paragraphes insensés, aux lois sans esprit. L'allemand convient aux administrateurs *(Verwalter)* affectés à épier, scruter et manipuler l´homme.

Nous cherchons la librairie *FNAC*. En vain. Les gens auxquels nous demandons parlent français,

personne ne donne l´impression de préférer lire en allemand. Nous envisageons de nous procurer le roman documentaire *La Débâcle* d´Émile Zola portant sur la guerre franco-allemande des années 1870-1871. Librairie *Libo*: la libraire, une Allemande sympathique qui préfère parler français, explique: « ici, il n'y a pas grand-chose, il y a avant tout ce qui fait partie de l´enseignement secondaire ou supérieur. » Nous continuons le tour: Zola, l'un des plus grands maîtres de la langue française, pourquoi ses œuvres complètes ne sont-elles pas disponibles aux étudiants? Que fait le ministère de l´éducation nationale ?

*Librairie Française: - La Débâcle* de Zola? Non. Il faut commander. Mais juste un exemplaire pour vous, monsieur. Pas plus. *La Débâcle*, ce n´est pas un livre à exposer aux yeux de la clientèle.

Nous avons beaucoup de peine à résister à la tentation de dire quelques mots impolis. Nom de Dieu, qui est-ce qui ordonne au personnel de cette épicerie littéraire de «ne pas exposer certains livres aux yeux de la clientèle»? On est presque certains que malgré la prétentieuse enseigne *Librairie Française*, cette boutique-ci n´appartient ni aux Français ni aux Luxembourgeois. Dans la rue, une étudiante luxembourgeoise recommande la librairie *Alinéa*: on a l´impression d´entrer dans un dépôt de livres pas trop accueillant, voire étroitement surveillé. *La Débâcle* est en stock.

Bismarck, leader de la politique expansionniste allemande, est l´un des protagonistes de la guerre franco-allemande des années 1870-1871. Bismarck exige, entre autres, l´annexion de l´Alsace et de la Lorraine. Il suscite la guerre par la falsification d´un important document royal et gouvernemental. Les Alsaciens qui protestent contre leur «intégration» au *Reich* allemand sont poursuivis, leurs associations francophones sont dissoutes comme «antinationales».

Zola, à propos de Bismarck, parle d'un *«air de dogue bon enfant»: (La Débâcle*, Deuxième partie, chapitre VIII).

Chercher *La Débâcle* dans les librairies au Luxembourg, c´est la croix et la bannière. Par contre, nous y trouvons, «exposés aux yeux de la clientèle», de gros livres en allemand sur Bismarck, ce «premier chancelier de l´unité allemande».

Au chant on connaît l´oiseau.

## LA FONDATION

Dans sa proclamation lancée à Bruxelles et à Paris le 13 décembre 2004, la Fondation Schuman chante les louanges de «l´ouverture des maisons d´édition et des médias allemands sur les marchés internationaux». Est-ce que ces paroles ordonnent aux libraires luxembourgeois de jouer à cache-cache avec *La Débâcle*, de façon que ce roman documentaire d´Émile Zola soit remplacé par de gros livres en allemand portant sur le même sujet? Pourquoi veut-on remplacer Zola par Bismarck, chancelier du «Deuxième Reich» allemand? Émile Zola cherche à nous mettre en garde (*La Débâcle*, Troisième partie, chapitre VI): dans un pays occupé, l´armée allemande se change en service administratif *(Verwaltung)* qui, avec son jargon administratif *(Verwaltungssprache)*, continue à occuper le pays même en temps de paix.

L´auteur de cette proclamation, publiée par Fondation Schuman en français et intitulée «L´Allemagne entre patriotisme et mondialisation», ne dissimule point ses visions expansionnistes: comme s´il était dans un délire de grandeur, comme s´il voulait évoquer, par ses paroles magiques «De l´unité allemande à l´Union de l´Europe», un fantôme bien poussiéreux: le «Saint Empire romain germanique». À travers les siècles, nous n´entendons qu´une rengaine: «l´unification de l´Allemagne». Comme si l´élargissement de l´Union Européenne représentait un nouveau mythe, cette fois-ci celui du XXIe siècle: le «Quatrième Reich».

La Fondation Schuman annonce «l´ouverture des médias allemands» sur le monde. Conséquemment, tous les touristes qui viennent du monde entier afin de visiter la capitale du Luxembourg et s´installent au camping Kockelscheuer, sont forcés d´écouter aux cabinets, la radio uniquement en allemand sans pouvoir régler le bouton sur la station voisine. Cette émission-ci ressemble à celles de la radio *Westdeutscher Rundfunk* à Cologne, comme si elle était bricolée en Allemagne et, dans le journal parlé en allemand personne ne dit un seul mot sur le Grand-Duché. Veut-on nous persuader que les gens au Luxembourg ne parlent pas le français?

Nous repensons à Jean de Luxembourg, aveuglé à la fin de sa vie par ses médecins. Nous repensons à Charles IV, d´une façon bien clairvoyante envoyé par son père Jean de Luxembourg en France pour apprendre la langue et la culture françaises ainsi que les manières distinguées. Dans le journal *Luxemburger* Wort du 4 avril 2014, le ministre de l´éducation nationale défend l´alphabétisation des enfants en allemand au détriment de celle en français. Peut-être ignore-t-il que l´apprentissage de la langue française dès la plus tendre enfance, c´est un mode d´éducation civique, un mode d´apprentissage de la politesse française.

Au chant on connaît l´oiseau.

## LA PERSPECTIVE

À la fin de notre «mission», nous regardons le plan de la Ville de Luxembourg. On y trouve la Rue Charlemagne, la Rue Charles Quint, le Boulevard Prince Charles... Le nom de Charles IV, le souverain à qui l'on doit entre autres la promotion du Comté de Luxembourg en Duché, on ne le trouve pas *****). Nous ne croyons pas que l´idée de dissimuler l´existence de Charles IV vienne de la tête d´un Luxembourgeois. Et, pourquoi les Luxembourgeois voudraient-ils appeler la Rue de Prague tout à fait différemment *Berliner Wee*?

Nous ne croyons pas que la raison de faire disparaître le journal *La Voix du Luxembourg* fût le «manque de rentabilité». Comme c´est curieux, comme c´est bizarre, quelle coïncidence! - la récente disparition de ce journal francophone est accompagnée d'activités du «service de correction allemand» qui, dans le journal *Luxemburger Wort* édité par le même groupe *Saint Paul*, fait disparaître bien des mots d´origine latine et française, afin de les remplacer par d´incorrectes notions «purement» allemandes. Exemple révélateur: le service de correction allemand remplace le mot «Gymnaste» par la notion *Turner*. Celle-ci, étant l´une des personnifications du nazisme (la *Deutscher Turner-Bund* pratique l´éducation prémilitaire de la jeunesse allemande et participe aux annexions des pays voisins), est fort chargée de pestilence idéologique.

Dans l'un des plus connus lexiques allemands (*Meyers Taschenlexikon in 12 Bänden*, Mannheim, Leipzig, Wien, Zürich, 1996), nous trouvons l´article *Deutsche Mundarten* accompagné d'une carte géographique prétendant une nouvelle espèce de division de notre continent. Le luxembourgeois, de même que le néerlandais, y sont traités de dialectes (*Mundarten*) de la langue allemande. Pourquoi, au diable, les Allemands ne considèrent-ils pas leur langue allemande comme dialecte de la langue néerlandaise ou luxembourgeoise?

Au Grand-Duché, la langue favorite est indiscutablement le français. Les Portugais installés au Luxembourg parlent un français irréprochable. À plus forte raison préfèrent-ils la langue de leur grand voisin espagnol à celle des Allemands. Pour la francophonie, les Portugais forment une façon de garantie, ainsi que les Italiens, qui parlent français comme si c´était leur langue maternelle. L´opinion des Sénégalais est claire comme de l´eau de roche: au Sénégal, on parle plus d´une douzaine de dialectes et grâce à la langue française on est cultivé.

Ceux qui font usage des notions économiques de manière à trompeter par toute l´Europe une certaine «mutation du marché linguistique au Luxembourg» en faveur de la langue allemande, sont en train de se prendre à leur propre piège.

La situation est ennuyeuse, pas désespérée.

*(Luxembourg / Esch-sur-Alzette / Cologne, octobre 2014 – mai 2015)*

**Aleš Knapp Kis, né 1953 à Prague dans une famille tchéco-hongrois-autrichienne. Études à l´Université Charles Prague, faculté des lettres. Collaboration à la radio Deutschlandfunk, Deutsche Welle, Westdeutscher Rundfunk à Cologne (Allemagne), Radio Tchèque à Prague, à divers journaux en tchèque, allemand, français. Orientation: littérature, musique.**

*) *1. Les hommes et les femmes au Luxembourg! La jeunesse luxembourgeoise!*
*Votre langue soit l'allemand et rien que l'allemand!*

*§ 1. La langue officielle, c'est uniquement la langue allemande*

*§ 2. L'enseignement dans toutes les écoles se déroule uniquement en allemand*

*§ 3. Les journaux, les hebdomadaires et tous les autres écrits doivent être publiés uniquement en allemand*

**) *Décret sur l'usage de la langue allemande du 6 août 1940*

***) *Ce décret en finit avec l'usage des expressions 'bon jour', 'bon soir', 'merci', 'pardon', 'Madame' etc.*
*Les contrevenants seront punis de prison et d'une amende.*

****) *Vous arrivez à vous débrouiller? Est-ce qu'il faut que j'explique quelque chose?*

*****) *Le plan en question était le seul à avoir à la Foire des voyages (Reisemesse) à Köln en 2011. Le Grand-Duché y était représenté par le « Fremdenverkehrsamt » à Berlin. Celui-ci ne distribuait qu'un plan obsolète imprimé en Allemagne tout en ignorant la « Rue Charles IV » inaugurée à Luxembourg-Belair quelques années auparavant.*

# Interview mit Anne Mélan




***Wann haben Sie Ihr Talent entdeckt?***

Schon in der Grundschule habe ich gerne gemalt und dabei meine Feinfühligkeit entdeckt. Ich habe sehr früh entschieden, dass ich die Kunst studieren möchte. Nach dem Schulabschluss war ich drei Jahre in Toulouse, um dort Kunst und Design zu studieren. Danach ging ich für zwei Jahre nach Strasbourg, wo ich mein Master of Arts – Diplom gemacht habe.

***Allein mit Talent ist es schwer, Geld zu verdienen. Wie ging es nach den Studien?***

Nach den Studien bin ich zurück nach Luxemburg gekommen und Arbeit als Grafikerin gesucht. In der Tat war es nicht leicht eine Arbeitsstelle zu finden, trotz vielen Bewerbungen, die ich geschickt habe und einigen Vorstellungsgesprächen, die auch nichts bewirkt haben. Aus finanziellen Gründen suchte ich eine Arbeit nebenbei und so wurde ich zur Ersatzlehrerin in einer Grundschule.





***Was war Ihr erster Erfolg als Künstlerin?***

Anfang 2010 habe ich im Wettbewerb für das Plakat für Schueberfouer den zweiten Platz (zwischen 98 Teilnehmern) gewonnen. Das bedeutete, dass mein Plakat im nächsten Jahr die Werbung für die Schueberfouer machen sollte. Es war mein erster Erfolg, weil ich einem größeren Publikum mein Werk präsentieren durfte. Man hat mich tatsächlich kontaktiert und mit einem Auftrag verpflichtet. Ab dann ist es ins Rollen gekommen: ich konnte endlich




meine Unabhängigkeit starten.

***Sie sind sehr vielfältig in Ihrer Arbeit (Briefmarken, Plakate und Flyer, Illustrationen für Bücher und Zeitungen, Schaufenster usw.)***

***Denken Sie sich vorerst etwas aus oder arbeiten Sie im Auftrag?***

Zum Glück bekomme ich viele Aufträge, denn nur mit Ausstellungen und persönlicher Arbeit hat man nicht die Sicherheit, sein Geld zu verdienen.

Das Thema bei Aufträgen ist immer vorgegeben. Trotzdem muss man sich immer Gedanken machen, was dem Kunden am besten gefallen wird. Ich mag es auch, meine persönliche Note einzubringen.

Erst zeichne ich mit Bleistift. Dann, nach vielen Korrekturen nehme ich die Farben oder Tinte. Ich koloriere auch oft am Computer (mit Illustrate oder Photoshop). Ich mache meine Skizzen zuerst groß, damit man alle Details besser sehen kann. Diese Originale bekommen die Kunden. Später werden die Zeichnungen je nach Bedarf verkleinert.

***Wie viele Briefmarken und Postkarten haben Sie schon entworfen?***

(Anne weißt es nicht auf Anhieb und zählt: 1,2……) Acht Briefmarken. Manchmal projektiere ich nur Stempel oder Bild für den Umschlag. Es kommt auch vor, dass auf einem Briefumschlag die Entwürfe von zwei Artisten erscheinen.

Das Thema der nächsten Briefmarke, die ich entwerfen darf, ist die Weintraubenpflanze von der Mosel. Ich freue mich schon auf diese Arbeit.



***Wieviel Zeit brauchen Sie für einen Entwurf?***

Es ist verschieden. Ab und zu brauche ich mehr Zeit, um genau zu überlegen, was genau den Kunden am besten gefallen wird.

***Sie benutzen mehrere Techniken. Was ist Ihre Lieblingstechnik und warum?***

Meine Lieblingstechnik ändert sich nach Phasen. Im Moment ist es die Gravur, weil man dabei sehr vielfältig arbeiten kann, was ich sehr mag. Hier gibt es viel verschiedene Techniken, die man miteinander kombinieren kann und somit lernt man immer dazu. Das ist wirklich sehr interessant.

Ich wurde aber gerne noch irgendwann wieder in Öl malen, was ich schon seit zwei Jahren nicht gemacht habe. Und vielleicht das wird dann wieder meine Lieblingstechnik…

***Sie scheinen ein fröhlicher Mensch zu sein. Trotzdem sind die Thematiken bei Ihren Gravierungen eher düster. Warum?***

Düstere Thematiken kommen in meine Gedanken, wenn ich gelegentlich zu negativ eingestellt bin. Manche Welt- oder Lebensereignisse machen die Welt nicht schön und bringen uns in die schlechte Verfassung.

Solche unheimlichen Ideen kommen bei mir auch, wenn ich z.B. Bücher über Salvador Dali lese und seine makaber Bilder sehe. Er fasziniert mich unglaublich!

***Die Inspiration ist bei den Künstlern enorm wichtig, ist aber nicht auf Anhieb da. Wie helfen Sie sich, wenn Sie ohne Inspiration arbeiten müssen?***

Wenn man unter Zeitdruck steht und die Inspiration nicht gerade da ist, muss man damit rechnen, dass man im Moment nicht so gut arbeiten kann. Natürlich ist man dann enttäuscht, dass



die Bilder nicht so schön geworden sind, aber man soll es einfach akzeptieren.

Ich suche die Inspiration bei dem ich Bücher lese oder rausgehe um mit anderen Leuten in Kontakt zu kommen. Ich suche Ablenkung und versuche z.B. neue Techniken zu lernen.

***Wie bekannt sind Sie schon in Luxemburg? Beteiligen Sie sich trotzdem an unentgeltlichen Aktionen?***

Viele Leute haben mich schon 2012 kennen gelernt, dank meiner Teilnahme an der ersten Staffel der Castingshow Generation Art bei RTL Lëtzebuerg. In diesem Programm mussten sich während drei Monate 11 Künstler beweisen. Mir ist es gelungen, bis ins Finale zu kommen. Dadurch habe ich an Aufmerksamkeit gewonnen und nach dem Programm auch Aufträge bekommen.

Als Bénévole habe ich schon einige Workshops in den Schulen animiert und seit einigen Jahren gebe ich Kurse in Aquarellmalerei in Mamer. Ich helfe auch gerne die Ausstellungen aufzurichten, wie z.B. letztens die internationale Gravuren-Ausstellung „Print“.


Darüber hinaus arbeite ich als Freiwillige bei dem Verein „Amis à vie“, der Hunde aus Laboren nimmt und sie weitervermittelt. Für diesen Verein mache ich Poster und Flyer und helfe auch bei den Winter- und Sommerfesten.

***Wenn Sie kein künstlerisches Talent hätten, welcher Beruf wurde Sie interessieren?***

Vielleicht etwas mit Mathe, weil ich da ziemlich gut in der Schule war. Ich habe auch eine Vorliebe für Pflanzen und Tiere… Jedenfalls ein Beruf, der mich fasziniert und wo man gut verdienen kann, denn als Artist bin ich zwar glücklich, aber manchmal ist es echt schwierig, über Runden zu kommen. Man hilft sich mit Kursen geben und immer wieder etwas Neues lernen, um es weiter unterrichten zu können. Unabhängigkeit ist schon teuer…







# Carte Blanche

## REFORM VUN DER PSYCHIATRIE: ALLES A BOTTER!?

Hutt Dir et gemierkt? Säit der Virstellung viru méi wéi 25 Joer vum sougenannten “Häfner-Plang” hu mir zu Lëtzebuerg eng Psychiatriereform. Gemengt ass d’Verbesserung vun der Virsuerg, der Berodung, der Behandlung an der Rehabilitatioun am Beräich vun der psychescher Gesondheet.

Hei just e puer net systematiséiert Gedanken a Stéchwierder, als bewosst kriteschen Tëscheruff.

## ETTELBRÉCK

Joerzéngtelaang huet den oft ideologesch a polemesch geféierten Debat sech ëm dat fréiert « Geckenhaus » gedréint : « Ettelbréck » soll bal zougemaach, bal verklengert a bal vergréissert ginn.

Well de Logement am sougenannten Extrahospitalier joerelaang – géint bessert Wëssen – ënnerdotéiert wor/ass, wor/ass d’Alternativ oft d’Klinicksbett oder d’Strooss. Oder eben Ettelbréck.

D’Psychiatrie soll dezentraliséiert ginn, och déi stationär Rehabilitatioun, mol jo, mol neen, Immobilien am Zentrum an am Minett goufe kaaft, dann nees mat finanziellem Verloscht verkaaft, ouni dass een dëse Fiasko ze veräntwerten hätt!

Therapiezentere fir Sucht solle vergréissert a moderniséiert ginn, da solle si bei identescher Sachlag op eemol zougemaach ginn, dann nees net..., oder si musse stënterlech ouni iergendee konzeptuellen Zesummenhang als Noutléisung fir d’Ettelbrécker Chantieren hierhalen. Eng managerial Toppleeschtung a Punkto strategesch Visioun a Planungssécherheet...

Säit e puer Joer heescht et, d’Klinicken am Norde solle fusionéieren, aus wéi engem Grond och ëmmer, dann nees net, dann awer dach, oder och net, emol kucken... Ëm perséinlech Ambitiounen a Carrièresplëng soll et jo heibäi glécklecherweis net (méi) goen.

## VILL OPPE FROEN

D’Jugendpsychiatrie misst dréngend e puer batternéideg Infrastrukture kréien. Well et um Kierchbierg kee gesécherten Haff oder Park gëtt, mussen d’Kanner, déi riskéiere fortzelafen, munchmol deeglaang um Stack agespaart ginn. Zu Pëtscht gouf dëslescht mat der net grad bëlleger Renovatioun vun engem Bauerenhaff ugefaang, dee virun 12 Joer kaaft gouf... Wéi geet et wuel deene Jugendlechen haut, déi dës Ariichtung deemools esou dréngend gebraucht hätten...? An deenen, déi haut am Ausland sëtzen, well Lëtzebuerg hinnen ëmmer nach näischt Equivalentes unzebidden huet?


Hu mir e globalen a kohärenten nationale Suchtplang, net just e puer Puzzelstécker, Substanz fir Substanz? Säit méi wéi 10 Joer gëtt un engem Alkoholplang geschafft: wéini geet deen dann endlech op Orbit ? An de Cannabis, jo, neen, villäicht, deen ee jo, deen aneren neen, oder just e wéineg, mee net ze vill.

D’Chamber huet rezent (sënngeméiss) decidéiert, dass Transgender weder eng Anomalie nach eng mental Krankheet ass. Wat jo och d’Approche vum net manner rezenten nationalen Aktiounsplang LGTBI ass. Gëtt déi als diskriminéierend kritiséiert sougenannten Gender-Dysphorie 2 dann elo ofgeschaaft ? Oder gëtt an Zukunft weiderhin dësen oder en ähnleche méi oder manner kryptéierte Neologismus souzesoen als prozeduralen « mal nécessaire » gebraucht, wann et ëm d’Finanzéierung vu spezifesche Leeschtungen duerch d’Sozialversécherung geet? An der fonkelneier Klassifikatioun (ICD-11) vun der Weltgesondheetsorganisatioun geet elo rieds vun Gender-Inkongruenz: net méi am Kapitel vun de mentale Krankheeten, mee an deem vun der sexueller Gesondheet...

## D’WUEL VUM PATIENT

Hu mir wierklech zu Lëtzebuerg e Psychotherapeutegesetz gebraucht? Dëst Gesetz soll jo d’Scharlatane vun den Therapeuten ofgrenzen, d.h. d’Qualitéit vun der Versuergung garantéieren: gouf dëst d’Zil dann erreecht? Ass all eenzelnen Therapeut, deen am Kader vun den net onproblematesche gesetzlechen Iwwergangsbestëmmungen eng Zouloossung krut, dann och kapabel, dës Qualitéit autonom, kompetent a verantwortlech unzebidden? A wéi ville Fäll gouf de Bock dann elo ganz offiziell zum Gäertner gemaach?

Et geet bei all dësen Diskussiounen ëmmer nëmmen ëm d’Qualitéit vun der Offer an ëm d’Wuel vum Patient/Client, wuelverstan ni ëm d’Promotioun vu Beruffsgruppen, vun Institutiounen a vun Ideologien. Ëm Afloss, Muecht, Prestige, Geld, Egoen a Komfortzonen. De Géigendeel unzedeiten, wier politesch héchst onkorrekt.




Wann ee weess, dass d'psychesch Gesondheet vun de sougenannte Flüchtlingen, besonnesch den Demandeurs de protection internationale, an héijem Mooss vun der Dauer vun der Prozedur vun der Unerkennung vum Statut an de Wunn- a Liewensbedingungen ofhänkt, dann ass dat meescht scho gesot.

Viru kuerzem gouf elo mol déi vun den Œuvres Grande-Duchesse Charlotte (faute de mieux) finanzéiert spezialiséiert Ariichtung fir kultursensibel Therapien zougemaach. Och wann dësen Dossier sécher komplex ass, stellt sech d'Fro, ob mir dann elo, wat d'Versuergung vun de Flüchtlingen ubelaangt, besser do stinn?

Iwwer d'Struktur- an d'Prozessqualitéit vun der psychiatrescher Versuergung am sougenannte Centre de rétention kéint ee sech, dovun emol ofgesinn, och eng Kéier de Kapp zerbriechen...

## MÉI ODER MANNER PSYCHIATRIE?

A virun allem wéi eng Psychiatrie, fir wien, firwat, wéi a wou...? A fir wien net a firwat net. Oder net esou an net do. Nom Häfner-Plang koum de Rössler-Plang, an deem ë.a. ausdrécklech virum Réckschrëtt an d'Zäite vun den « Tollhäuser » gewarnt gouf, d.h. virum Amalgamm vu Psychiatrie a Prisong, am Fall vun net stroffäege psychesch Kranken: gouf dës Warnung eescht geholl a mat aller Konsequenz bei de Reforme vun der Psychiatrie a vum Strofvollzuch ëmgesat?

Gouf/gëtt d'Problematik vun der sougenannter Transinstitutionaliséierung a Forensifizéierung vun der Psychiatrie an deene fir d'Gouvernance vun der Psychiatriereform zoustännege Gremien ausféierlech reflektéiert an op hir negativ Konsequenzen iwwerpréift? Gemengt ass mat dëse komplizéierte Wierder d'Spannungsverhältnis zwëschen der Reduktioun vun der institutioneller Psychiatrie an der Verlagerung vun de psychiatresche Problematiken a sozial Ariichtungen an an de Strofvollzuch.

De Revers vun der Medail ass d'Instrumentaliséierung vun der Psychiatrie fir Zwecker, déi net direkt eppes mat der psychescher Gesondheet vun de Leit ze dinn hunn, zum Beispill d'Psychiatriséierung vun opfällege Verhalensweisen oder vu soziale Problemer.

## DÉI NÄCHST GENERATIOUNEN

D'Kanner vun haut sinn déi Erwuesse vu muer. Do, wou an der Kandheet an am Jugendalter d'Kromm an d'Heck flitt, do läit si gewéinlech am spéidere Liewen och nach dran. Erwuessener, déi als Kanner vernoléissegt an/oder mësshandelt goufen, hunn et am Liewe besonnesch schwéier: Problemer mam Selbstwert, mat Emotiounen, Bezéiungen, asw. Sucht a sozial Ausgrenzung hunn oft dës onverschëlte Mëssstänn als Hannergrond.

Den Dossier « Dys » bei Kanner a Jugendlechen huet sécher vill Facetten. Beispill Dyslexie. Et ass a bleift e Skandal, dass ville Kanner, déi gréisser Schwieregkeete beim Liesen a beim Schreiwen hunn, hir spezifesch Bedürfnisser net fréizäiteg erkannt an adequat pädagogesch begleet ginn, och wann den Thema säit e puer Joer - erfreelecherweis - méi Bedeitung accordéiert kritt. Vill vun dëse Kanner gerode méi oder manner séier an d'Mille vu Lernstéierung, Selbstwertproblematik, Verhalensopfällegkeet a psychosomatescher Syndromatik. Eng Rei vun hinne lande spéider iwwerflëssegerweis no Schoulofbroch an aneren ongléckleche Experienzen op der Strooss

an/oder an diversen Ariichtungen.

Chancëgläichheet, inklusiv Schoul, majo dann.

Negativ Entwécklungen hunn déi verdrësslech Tendenz, sech vu Generatioun zu Generatioun ze iwwerdroen an ze widderhuelen, dëst oft trotz der gudder Intentioun vun den Elteren, et bei hire Kanner besser ze maachen. Präventioun, Fréierkennung, Fréiférderung, asw., sinn hei den A an O. Jiddwer Eenzelen ass gefuerdert, a senger Famill, op der Aarbecht oder wou och ëmmer, mee mir sinn et och gesamtgesellschaftlech a sozialpolitesch, an zwar sektoriwwergräifend.

## EENZELSCHICKSALER ?

Et gi leider tragesch Beispiller (Eenzelschicksaler?) vu sexueller Aggressioun vu Mannerjäregen, déi d'Geriicht an domat de Rechtsstaat kaum interesséieren, a wou d'Elteren sech eleng gelooss spieren, vum Kand guer net ze schwätzen. A vu Jugendlechen, déi méintlaang op der Strooss sech selwer iwwerlooss sinn, ouni dass en Hunn no hinne kréint. «Wat solle mir da maachen?», heescht et dann, oder, per Ferndiagnos, «hien/hatt ass jo net an akuter Liewensgefor», oder, pauschal, «mir kënnen dach net jiddwereen aspären, dee fortleeft.»

Sinn d'Instanzen, déi fir dës an ähnlech Problemer kompetent sinn, kompetent? D.h. genuch equipéiert, qualifizéiert, superviséiert, asw.?

## ME TOO

Ëmmer méi Burnout a Mobbing: stëmmt dat, a woufir géif dës Entwécklung, géifen dës Indikatoren da stoen? Et ginn eng Rei reputéiert Institutiounen, déi net ongär hir humanistesch Wäertercharta an Antimobbingsaktiounen an d'Vitrinn stellen, an deenen d'Mataarbechter um Terrain awer trotz neiem Déiereschutzgesetz «wéi d'Sau» behandelt ginn. Dëst sinn net nëmme geliefte Beispiller, mä och Temoignagen aus ville Consultatiounen hei am schéine Lëtzebuerg. Och e puer net ëffentlech «Me Too» Affairë ronderëm landbekannte Perséinlechkeete gehéiere leider heizou.

## WÉI E BILAN?

No 25 Joer Psychiatriereform, a wëssend, dass et kee Wonnermëttel gëtt an dass och d'Politik a sech schnell beweegenden a globaliséierenden Zäiten (nei Technologien, Migratiounsprozesser, kulturell Verännerungen, asw.) net all Variabel kontrolléiere kann: geet et de Leit dann haut besser wéi deemools?

Deenen enge sécher jo, deenen anere sécher net. Dreift d'Schéier éieren net nëmme betr. de materielle Wuelstand auserneen, mee och, wat villes vum net onwichtege Rescht ubelaangt?

Gouf/gëtt genuch ënnerholl, a virun allem och dat Richtegt, fir dem infernalen Trio vun 1. Vernoléissegung, Mëssbrauch a Mësshandlung (och struktureller, institutioneller Gewalt), 2. psycheschem Leed, Problemer a Stéierungen souwéi 3. Stigmatiséierung, sozialer Ausgrenzung a Negativspiral entgéintzewierken?

A fir de Betraffenen ëmmer op en neits eng nei Chance ze ginn, egal wat si verbockt hunn, a wou si an hirem Liewe stinn (Rehabilitatioun, sozial Reintegratioun, asw.)?

Quid a Saachen « zouen Dier » fir Mannerjäreger, déi a schwieregen Entwécklungsphasen iwwer eng munchmol länger Zäit méi Struktur, Halt a Sécherheet brauchen? Quid ausser dem méi oder manner renovéierten Trio Ettelbréck, Dräibur a Schraasseg ?

Net all Auslandsiwwerweisung am Beräich vun der Spezialpädagogie ass prinzipiell negativ ze gesinn: wa se geschitt sinn, awer eenzeg an eleng wéint de Lacunnen am Lëtzebuerger Dispositiv, dann ass dëst ze kritiséieren.

Dat gëllt och méi allgemeng, z.B. am Beräich vun der Suchttherapie a vun der sougenannter psychosomatescher Rehabilitatioun. Ëmmerhi geet jo elo mol rieds vun engem nationale Kompetenzzentrum an der psychosomatescher Medezin. Och wann am Moment keen esou richteg weess, wat heimat gemengt ass, a wat net. Fachlech wuelverstan, d.h. onofhängeg vum Kontext vun der gen. Fusiounskontrovers am Norden.

## FAZIT

Villes huet sech déi lescht 25 Joer verbessert, muenches verschlechtert, aneres ass einfach leie bliwwen oder schleefe gelooss ginn.

Op d'Verbesserungen am System brauche mir op dëser Plaz net anzegoen. Déi positiv Duerstellung vun hiren Talenter a Kompetenzen, vun hire berechtegten an onberechtegte Meritten, maachen déi Verantwortlech gewéinlech selwer, verschiddener bekanntlech an héijer Doséierung.

Mee elo mol am Eescht: vun den narzisstesche Selbstduerstellungen an den domat verbonnenen institutionellen Deriven a Polariséierungsprozesser, déi mir hoffentlech elo hanner eis hunn, emol ofgesinn, wou si mir drun? Zu Ettelbréck an och soss hei am Land? Op wéi enge Visiounen, Konzepter, Strategien, asw., soll d'Reform vun oder no der Reform déi nächst Joere fundéieren?

An doriwwer eraus: op wéi engen Theorien a Modeller berouen eis Visioune vum Mënsch, vum Mënsch mat psycheschen an existenzielle Problemer? Wéi reduktionistesch oder open minded sinn dës? Wéi ass et niewent de biologeschen, psychologeschen a soziale Variabelen, mat deenen humanisteschen, spirituellen, kulturellen, ekologeschen...? Denken an handele mir Defizit oder Ressourcen orientéiert, wann d'Luuchten op der Bühn bis aus sinn?

Jo, Lëtzebuerg ass keng Insel. Well och zu Lëtzebuerg gëtt et vill Misär. An och zu Lëtzebuerg gëtt just mat Waasser gekacht. Geschwë si Walen, Zäit also, fir Chantieren anzeweien an an d'Kameraen ze grinsen.

Net alles ass schlecht, mee villes ass net gutt. Net gutt genuch jiddwerfalls am Hibléck op dat, wat am räiche Lëtzebuerg misst kënne geleescht ginn. Let's make it happen.

E leschte Gedanke geet un déi Betraffen, an zwar ganz besonnesch un all déi, déi ganz eleng am Liewen do stinn. Courage! Mee awer och un all déi vill benevole a professionell Leit, déi sech Dag fir Dag ouni Tamtam fir hir Matmënschen engagéieren. Respekt!

Paul Hentgen 29.08.2018

# ARTDECO

## l'ornement est mort, vive l'ornement



*Figurines de Sancho Panza et Don Quichotte en faïence fine de V&B Luxembourg d'après une maquette de Pierre Toulgouat (1901-1992), 1928 (© MNHA, photo T. Lucas).*

Vous préférez des objets garnis d'ornements? Ou bien vous en avez marre des décorations et privilégiez des choses simples? Ceux qui aiment les deux – ici l'ornement, là la simplicité – n'ont qu'à aller voir l'exposition présentant au Musée National d'Histoire et d'Art le mouvement artistique Art déco.

Est-ce possible qu'un objet soit simple et décoratif en même temps? On n'arrête pas de s'en creuser la cervelle. „L'ornement, c'est un crime" - déclare l'architecte Adolf Loos tout en prônant la simplicité géométrique. Le philosophe Th.W. Adorno réagit d'une manière également provocatrice: Au diable, une ligne droite n'est pas moins décorative que celle appuyée sur des courbes! Une porte carrée n'est pas moins belle que les entrées dans le métro à Paris, conçues par l'architecte Hector Guimard en forme des „méandres botaniques".

L'Art déco, le premier mouvement artistique intercontinental, s'épanouit au cours des années 1920. Il touche les Amériques (Empire State Building ou Chrysler Building à New York), l'Asie, l'Australie, il est influencé par l'art africain. Le Grand-Duché récolte un énorme succès en 1925 à l'Exposition internationale des Arts décoratifs à Paris – mais ce n'est que maintenant que nous pouvons voir comment l'Art déco se présente au Luxembourg.

Il y a des faïences, meubles, dessins, affiches, des robes pour les femmes juste libérées des corsets. Le diadème fabriqué en 1925 à Paris pour la Grand-Duchesse Charlotte est moins spectaculaire et d'autant plus beau que celui de la Grand- Duchesse contemporaine. Les figurines de Sancho Panza et Don Quijote ne manquent pas d'humour.

L'Art déco s'oppose à l'école allemande du „Bauhaus", les précurseurs les plus importants de l'Art déco étant d'origine tchéco-autrichienne. Josef Hoffmann construit le Palais Stoclet, l'orgueil de l'architecture bruxelloise. Adolf Loos, citoyen tchécoslovaque, travaille à Vienne, Chicago, Prague. Le mouvement appelé en français „Art nouveau" reprend le nom du palais construit par Josef Maria Olbrich à Vienne: Secession. À retenir ce que d'autres journaux ne mentionnent guère: les architectes précurseurs de l'Art déco viennent de la Moravie, la partie orientale de la République Tchèque.

(akk) MNHA Luxembourg Ville, jusqu'à 4 novembre, ma-di 10-18h, jeu 10-20h, Kulturpass bienvenu, entrée gratuite : jeu 17-20h

Ales Knapp Kis

# ecotrel

association sans but lucratif

## IL EXISTE DES SOLUTIONS POUR LUTTER CONTRE LES EXPORTATIONS DE DÉCHETS D'ÉQUIPEMENTS ÉLECTRIQUES ET ÉLECTRONIQUES HORS EUROPE !



Depuis 2004, l'ASBL Ecotrel agit comme organisme agréé pour le compte des producteurs d'équipements électriques et électroniques en prenant en charge la collecte et le recyclage des déchets d'équipements électriques et électroniques sur tout le territoire luxembourgeois.

Afin de stimuler et soutenir la transition vers une économie circulaire et surtout pour éviter des exportations illégales de déchets, l'ASBL Ecotrel a récemment pris l'initiative de créer un Cluster circulaire et solidaire. C'est ainsi que 8 entreprises / associations luxembourgeoises se sont regroupées pour offrir une réponse globale :

- aux utilisateurs professionnels d'appareils informatiques et de télécommunication lorsqu'ils veulent se défaire en toute sécurité de leurs équipements en fin d'utilisation ;
- aux consommateurs privés qui désirent que leurs laptops et smartphones fassent l'objet de réemploi ou d'un traitement dans les règles de l'art.

Au travers des synergies possibles entre les membres du cluster, chacun pourra offrir de reprendre les équipements





obsolètes soit pour les réutiliser, les démonter, les recycler et/ou effacer les données à caractère personnel qu'ils contiennent conformément au désormais bien connu règlement général sur la protection des données (RGPD).

Le cluster, qui s'inscrit dans le concept de l'économie circulaire mais aussi solidaire, regroupe des acteurs tant à vocation commerciale que sociale. Il s'agit de :

Les valeurs partagées par les membres du cluster et plus particulièrement le principe de proximité garantissent à l'utilisateur que ses ordinateurs et smartphones seront traités dans les règles de l'art et ne feront pas l'objet d'un traitement douteux, voire écologiquement irresponsable ou même criminel.

Un appel est donc lancé aux nombreuses institutions bancaires, mais aussi cabinets d'audit et de consultance ainsi qu'aux sociétés actives dans le secteur informatique en général pour qu'elles traitent leurs équipements informatiques en fin d'utilisation de manière responsable.

Toute société qui le désire peut contacter individuellement ou collectivement un ou plusieurs membres du cluster pour plus de précisions sur les conditions de reprise.

**www.ecotrel.lu**



| | | |
|---|---|---|
| Aarbechtshëllef ASBL | www.abh.lu | info@abh.lu |
| Caritas Luxembourg | www.caritas.lu | caritas@caritas.lu |
| CompuTrade Luxembourg Sàrl | www.computrade.lu | info@computrade.lu |
| Digital inclusion ASBL | www.digital-inclusion.lu | info@digital-inclusion.lu |
| Inter-Actions ASBL | www.inter-actions.lu | inter-actions@inter-actions.lu |
| Nei Aarbecht ASBL | www.nei-aarbecht.lu | neiaarbecht@cnds.lu |
| Polygone Sàrl | www.polygone.lu | info@polygone.lu |
| Streff – Data Protection Services (PSF) Sàrl | www.streff.lu | data.protection@streff.lu |

# KOLL
# AN AKTIOUN

KOLL 19-20
AN AKTIOUN MAI 2018

Zum fünften Mal hat die ehemalige Schifferstätte in Haut-Martelange ihr pittoreskes Gelände für das Koll an Aktioun – Festival am 19. und 20. Mai geöffnet.

Seit 2014 bietet das Festival ein abwechslungsreiches Programm für ganze Familien. In der historischen Kulisse des Museums steht jedes Jahr eine Vielzahl von kulturellen Aktivitäten im Programm. Viele luxemburgische und internationale Musikgruppen und Artisten jeder Art bieten dem Publikum eine richtige Unterhaltung. Fürs Essen (auch vegetarisch!) und Trinken wird gut gesorgt. Und wenn das Wetter mitspielt ist das kulturelle Wochenende lange nicht vergessen.

eLKa





# HEAVY PETROL

De Woody (Mario Bruns) ass de Sänger vun der Bluesgrupp « Heavy Petrol », a si hunn um Festival « Koll an Aktioun » gespillt. Mir waren se kucken an haten och d'Méiglechkeet, mam Woody ze schwätzen.

De Festival huet hien "megaflott fonnt, an et war eng super Ambiance". Et war fir d'zweet, wou si um Koll gespillt hunn.

D'Grupp Heavy Petrol gëtt et schonns 5 bis 6 Joer, an den Numm Heavy Petrol, dee koum aus enger spontaner Iddi eraus.





Déi éischt 2 Joer hu se nach Covere gespillt (d.h. Lidder vun anere Gruppen nogespillt) an du lues a lues ugefaangen, hir eege Stécker ze komponéieren an se ze spillen. Duerno hu se eng CD opgeholl. An elo, wann se optrieden, spillen se fir d'éischt e puer Coveren, mee dann och hir eege Stécker.

Mir soen dem Woody a senger Grupp MERCI. Et war e schéinen Nomëtten op dem Koll an Aktioun, an Heavy Petrol huet ons den Dag mat sengem Optrëtt verséisst.

Flanter

# Interview mam Jérôme Lulling

## Co-Auteur vum Luxdico, Auteur vum Site Bonjour.Lu



Foto: Editpress/Isabella Finz

***Wat huet Iech dozou bruecht, fir Linguistik ze studéieren?***

Mäi Linguistiksproff op der Universitéit Paul Valéry zu Montpellier war e Lëtzebuerger, de Professer Dr. Schanen François. 1995 hunn ech e Sujet fir meng Magister-Aarbecht gesicht. Ech hunn hie gefrot, ob dat hien interesséiere géif, wann ech eppes iwwer d'Lëtzebuergescht ging maachen, an hie war direkt begeeschtert. Bei deenen anere Proffe war och schonn alles besat, an eigentlech wollt ech mech net op déi Schinn vum Lëtzebuergesche woen. Ech wousst ganz genee, dat ass eng mega Sakgaass, do gëtt et schwiereg herno eng Aarbechtsplaz ze fannen, et interesséiert bal keen, an ech hat wierklech laang gezweiwelt. Den Här Schanen huet mer proposéiert, e rezente Lëtzebuerger Auteur ze analyséieren. An zwar de Jean-Michel Treinen, deen 2016 leider vill ze fréi gestuerwen ass.

De Ministère de l'Educatioun Nationale huet mech dunn iwwer eng Bourse formation-recherche informéiert, wann ech géif weider an déi Richtung fuerschen. Sou eng Bourse kritt Dir, wann Är Fuerschungsaarbecht eppes mat Lëtzebuerg ze dinn huet. Dat gëllt elo net nëmme fir d'Sprooch, et kann och zum Beispill eppes iwwer d'Kultur oder d'Economie sinn, dat ass egal. No der Maîtrise hunn ech ugefaang mam DEA (Diplôme d'études approfondies) an du mat der Dokterthees. De Sujet war déi lexikalesch Kreativitéit am Lëtzebuergeschen. Déi lexikalesch Kreativitéit, dat heescht d'Evolutioun vun onsem Vokabulär. De Sujet ass nawell gutt ukomm beim Jury. Ech krut also d'Autorisatioun, fir en Doktorat ze man, an ech krut och déi Bourse formation- recherche accordéiert. Dat waren 1000 Euro de Mount, wat mer deemools immens vill gehollef huet. Ech duecht och, mam Doktorat an der Täsch, do géing schonn iergendwou eng Plaz fir mech opgoen. Mä d'Viraussetzung war eben, datt ech déi Diplomer och packen. No der Soutenance vu menger Thees am Joer 2002 hunn ech awer leider nach 4 Joer misse waarden, bis ech 2006 endlech eng fest Plaz als Lëtzebuergesch-Enseignant bei der Gemeng Lëtzebuerg krut. Et war deemools an ass och haut nach ëmmer net einfach, eng Plaz mam Lëtzebuergeschen ze kréien.

***Wéi gesitt Dir d'Zukunft, wat ons Sprooch betrëfft?***

Also do sinn ech immens optimistesch, well aus dem geschwatene Lëtzebuergesch ass tatsächlech ee geschriwwent Lëtzebuergesch ginn: E-Mail, SMS oder Internetfore wéi z.B. d'Komentare bei RTL.lu … alles ass op Lëtzebuergesch. Eis Sprooch 'boomt'. An den 80er oder 90er konnt ee sech sou eng Entwécklung net virstellen. Wann iwwerhaapt op Lëtzebuergesch geschriwwe gouf, da war et haaptsächlech op den Akafsziedelen oder fir Postkaarten aus der Vakanz ze schécken. An dann eben och nach bei e puer Auteuren. Zënter den 90er ass et awer normal ginn, alles op Lëtzebuergesch ze schreiwen. Mä et bestinn och nach eng Rei Problemer: zum Beispill d'Vermëttlung vum Wëssen. Ech hu selwer keng Kanner. Ech schaffe bei der Gemeng Lëtzebuerg (Service Intégration / Formation des adultes), an ech kann Iech also net soen, wat an eise Primärschoulen oder an eise Lycéeën um Schoulprogramm steet. Mä vill vu menge Schüler hu scho Kanner, a si erziele mir, datt an eise Primärschoulen esou gutt wéi guer näischt fir d'Lëtzebuergescht geschitt. Wann ech mol en neit Buch erausginn, fir Lëtzebuergesch ze léieren, da schécken

ech et och u Schoulen hei zu Lëtzebuerg. Ech si gär bereet, mäin neit Buch och Lëtzebuerger Schüler virzestellen, mä ech kréien emol keng Äntwert. Also d'Vermëttlung vum Wëssen iwwert eis Lëtzebuerger Sprooch schéngt mer an eisem Schoulsystem ëmmer nach zimlech schappeg. Mä ech setze meng Hoffnung an den Internet. Well wann een eppes gewuer wëll ginn, da fënnt ee meeschtens eppes dozou am Internet, zum Beispill bei Wikipedia. A mir hunn déi riseg Chance, datt mir eng Communautéit hunn, déi un enger Lëtzebuerger Versioun vum Wikipedia schafft. Ech weess elo net wien dat mécht, mä dat sinn anscheinend eng ronn 100 Leit. An dee lëtzebuergesche Wikipedia soll een net ënnerschätzen, do fënnt ee lo schonns immens vill, och iwwer eis Sprooch. Ech soen net, datt am Wikipedia ëmmer alles perfekt ass, mä et soll een net vergiessen, datt d'Artikelen am Wikipedia jo stänneg vu jidderengem vun eis kontrolléiert an ausgebaut kënne ginn.

Sou eng online Enzyklopedie wier an den 80er Joeren nach absolut onméiglech gewiescht. Also op deem Gebitt fannen ech, datt ons Sprooch op alle Fall eng Zukunft huet. Ech sinn also net der Meenung, datt ons Sprooch um Ausstierwen ass.

### *Wann Dir Är Coursen ofhaalt, wéi motivéiert sinn Är Schüler, fir richteg Lëtzebuergesch ze léieren, a fält et hinne schwéier, aner Sproochen ze léieren?*

Meng Erfarung ass, datt ganz vill vun de franko- a lusophone Schüler e Schock kréien, well se feststellen, datt se iwwerhaapt näischt matkréien. Déi Leit hu guer keen Unhaltspunkt, wa si e lëtzebuergescht Wuert liesen oder héieren. Et besteet einfach kee Lien, zum Beispill tëscht de Wierder « Dimanche » an « Sonnden ». Dat ass eng aner Welt, et gëtt aneschters ausgeschwat, an dat ass eng enorm héich Hürd fir meng Schüler. Vill vun hinne ginn dann och séier op, well si selwer agesinn, datt Lëtzebuergesch léieren net nëmmen eppes mat verstoen ze dinn huet. Et kann ee Reegelen erklären, mä de Verhalt, also den « Effort de mémorisation », dee muss ëmmer nees widderholl ginn a reegelméisseg trainéiert ginn. Wann een net oppen ass fir déi Ustrengung, da stinn d'Chancë ganz kleng, fir eis Sprooch ze léieren. Dat gëllt iwwregens och fir aner Sproochen.

### *Et ginn och keng Zeitungen op Lëtzebuergesch?*

Firwat gëtt et eigentlech keng Zeitung op Lëtzebuergesch? An dat, obwuel et jo lo immens vill Artikelen op Lëtzebuergesch ginn. Zum Beispill op RTL.lu, op Eldo.lu, op 100komma7.lu an och op Stemm.lu, dem Site vun der Stëmm vun der Strooss. Do stellt sech natierlech d'Fro, firwat gëtt et net och eng gratis Zeitung zum Beispill wéi den Essentiel op Lëtzebuergesch? Mat Horoskop, Meteo, Kräizwuerträtselen, Witzer asw. Ech mengen ze wësse firwat. Eng Zeitung drécken, dat kascht vill Suen, an d'Leit kafen ëmmer manner Zeitungen. An dofir misst sou eng gratis Zeitung finanzéiert gi mat Reklammen, wéi et jo och beim Essentiel de Fall ass. Et schéngt mer schonns derwäert, fir eemol iwwer sou e Projet nozedenken.

Datselwecht gëllt awer och fir d'Bicher. Och hei gëtt et e finanzielle Problem. Huelt zum Beispill meng Bicher. Ech kréie keng Sue fir meng Publikatiounen. Ech finanzéiere se selwer, ech droen also de Risk, an et kënnt och emol vir, datt ech drop sëtzebleiwen. Wann ech elo alles zesummenzielen, hunn ech bis dato zirka 40.000 Bicher verkaf. Also fir lëtzebuergesch Verhältnisser ass dat net schlecht. Mä et weess keen dat. Firwat ass dat esou? D'Lëtzebuerger Auteure sinn net esou bekannt. Publikatioune beim Lëtzebuerger Public sinn nach manner bekannt, an an eise Schoule schwätzt bal keen dovun. Gitt emol op d'Walfer Bicherdeeg kucken, do hunn ech e Stand, mä do erstéckt ee bal an där Mass vu Bicher, déi et an Täschenzäit op Lëtzebuergesch gëtt. Do fënnt ee vun allem: Kannerbicher, Kachbicher, Léierbicher, Romaner ... an alles op Lëtzebuergesch. Jidderee kann haut mat engem Computer doheem eppes op Lëtzebuergesch schreiwen. Haut kann een och selwer am eegene Verlag eppes drécke loossen. Mä de Problem ass déi Etapp duerno mat der Distributioun. Wéi kritt ee säi Wierk an d'Butteker? Wéi gëtt dat verrechent? Dat ass en Thema, wou déi meescht Leit guer net matkréien, wéi komplex dat alles ass. **Bei menge Bicher, do kann ee rechne 40% bis 50% kritt d'Librairie, an den Auteur läit tëschent 5% an 10%, a 40% oder 50% kritt dann den Editeur, dat hänkt ëmmer dovun of, wéi vill datt d'Librairie kritt**. Den Editeur, dee rechtfäerdegt säin Deel mat dem Risiko, deen hien dréit. Hie léisst zum Beispill 1000 Exemplairen drécken a muss dat jo och da virfinanzéieren. A wann e seng Wuer net lassgëtt, da war alles fir d'Kaz.

### *Ass et beim Bicherbusiness net d'selwecht wéi bei den CDen oder bei den DVDen, datt et Problemer gi mat der Digitalisatioun?*

Mengt Dir elo am Sënn vun, datt kee méi eppes keeft, well bal alles gratis am Internet ze kréien ass? Sécher spillt dat eng grouss Roll. Mä dat ass nach laang net deen eenzege Problem. Ech hunn zum Beispill e Buch mat Lëtzebuerger Verbentabelle gemaach. Meng Schüler hate sech Tabelle gebastelt, an déi waren deelweis esou schlecht iwwersat, datt mech dat op d'Iddi bruecht huet, hinnen ze hëllefe mat mengen eegene Verbentabellen. An et huet sech gutt verkaf, trotz der Digitalisatioun. A firwat? Well et brauch een de Medium Pabeier, fir déi Tabellen auswenneg ze léieren. Bon, et fënnt ee se och am Internet, zum Beispill bei Luxogramm oder bei LOD.lu. A wat mécht een dann? Alles ausprinten? Dat schéngt mer och keng Léisung. Ech war mat der Iddi vun de Verbentabellen op Lëtzebuergesch bei d'Editions Binsfeld gaangen. Déi haten 2005 e Buch erausgi mat Lëtzebuerger Verben, mä do steet keng Iwwersetzung dran. Ech muss awer soen, datt hiert Buch gutt gemaach ass, ech weise menge Schüler et och, a vill kafen et. Mä da stelle se fest, datt se näischt kënnen domat ufänken. Et ass einfach e Bulli vun Daten ouni Iwwersetzung. Ech hu probéiert, d'Editions Binsfeld ze iwwerzeegen, dach wann ech gelift eng Iwwersetzung dobäizesetzen. Mä et ass näischt geschitt. Also hunn ech et selwer probéiert.

Nieft dem Internet gëtt et awer nach en anere vill méi grousse Problem, fir seng eege Bicher erauszeginn. Bei der Gemeng Lëtzebuerg schaffe mer zum Beispill mat de Bicher vum Educatiounsministère. Eis Coursë si vum

MEN unerkannt, mä mat der Bedingung, datt mir mat hirem Material schaffen. Ech hat mer vun hirem neie Buch « Schwätzt Dir Lëtzebuergesch? », Niveau A1, méi erhofft. Wichteg Grammairestabelle sinn zum Beispill net komplett, mä de gréisste Problem ass, datt dat Buch net genuch Lektiounen huet. Eis Coursen dauere 7 Méint, mä d'Buch huet nëmme 6 Lektiounen. Mir ware schonn am November bei der drëtter Lektioun. Et ass einfach net genuch Material, fir e ganzt Joer domat ze fëllen. An et ass och keen Exercicëbuch dobäi. D'Argument vum MEN ass, datt een d'Exercicer aus dem Internet tëleechargéiere kann. Wann ech dat da bei menge Schüler ausprobéieren, da stellen ech fest, datt dat bei villen net klappt. Si ginn einfach net eens, fir all déi Exercicer doheem erauszedrécken. An ech maache soss näischt méi, wéi Kopien auszedeelen. Mir hunn also am Moment keen Exercicëbuch vum MEN mat Iwwersetzungen. Et gëtt awer scho Leit, déi déi Nisch fir sech entdeckt hunn, an et kann een am Commerce zum Beispill Lückentexter kafen, mä seele steet eng komplett Iwwersetzung dobäi.

Hei kéint een also lo higoen an de Risiko agoen, fir selwer sou en Exercicëbuch mat engleschen a franséischen Iwwersetzungen ze publizéieren. Mä wat geschitt, wann de MEN an zwee bis dräi Joer och sou e Buch rausbréngt an als Flichtlecture op de Schoulprogramm setzt? Wann dat ging passéieren, da kann ee mat sengem Buch nees apaken. An dat ass fir mech vill méi e grousse Problem wéi d'Digitalisatioun.

***Vun deene verschiddenen Dialekter hei am Land, op wat fir een Dialekt baséiert sech déi geschriwwe Sprooch?***

Dat kann een alles am lëtzebuergesche Wikipedia nokucken. Do gëtt vun enger Koinè geschwat, dat kënnt aus dem Griicheschen an heescht 'gemeinsam'. De Robert Bruch hat dat deemools sou genannt, hie gëtt stänneg zitéiert, well hie quasi eng Zort « Übervater » vun de Lëtzebuerger Linguisten ass. Hien huet och tatsächlech ganz grouss Verdéngschter ëm eis Sprooch. Leider ass hie vill ze fréi an engem Autosaccident verstuerwen (1959). « Fir de Robert Bruch war et d'Lëtzebuerger Sprooch tëscht Dummeldeng a Miersch, also den Uelzechtdall erop, déi sech am beschten dofir gëeegent huet, als Standard-, als allgemeng Ëmgankssprooch ze gëllen, an op där eng Schreifweis opzebauen. »

(cf. https://lb.wikipedia.org/wiki/Geschicht_vun_der_Lëtzebuerger_Schreifweis)

***Wat haalt Dir dovun, datt zum Beispill hei an de Geschäfter nëmmen nach franséisch geschwat gëtt?***

Et ass eng logesch Konsequenz vun enger falscher Sproochepolitik, déi mir joerzéngtelaang bedriwwen hunn.

***Huet sech an deene leschte Joren eppes geännert an de Schoulen, ass déi lëtzebuergesch Sprooch fest am Schoulplang integréiert ginn?***

Déi Fro kann ech lech net beäntwerten, well ech net mat de Schoulen zesummeschaffen. Awer ech kann lech vu menger Situatioun erzielen. Ech sinn an de 70,80,90er Joren duerch de ganze Lëtzebuerger Schoulsystem gaangen, an d'Lëtzebuergescht huet do wierklech keng Roll gespillt. Wéi ech mat 24 Joer ugefaangen hu mat menger Magister-Aarbecht, réischt do hunn ech mech mat menger Mammesprooch ausernanergesat. Mä eng Géigefro. Firwat ass eise Schoulsystem esou wéi en ass? Ma ganz einfach, do sti Lobbyen hannendrun. An Dir gitt net bei de Schoulminister a sot him: Mir hätte gäre méi Lëtzebuergeschcoursen an eise Schoulen. Well wann et eppes méi gëtt, da muss et op där anerer Säit och eppes manner ginn. Da leet lech emol mat den Engleschproffen oder Franséischproffen un! Da geet et ganz séier, well déi hunn hir « Droits-acquis », an do gëtt guer näischt geännert.

An do fannen ech, datt ee sech vill méi an der Politik misst asetzen, fir de jonke Leit eng Perspektiv ze ginn, fir anstänneg Lëtzebuergesch ze léieren an ze schreiwen. Méi Stonne fir d'Lëtzebuergescht um Stonneplang vun eise Schoulen, dat bedeit gläichzäiteg och, datt vill méi Poste misste geschafe ginn, fir Lëtzebuergesch ze enseignéieren. An da bräicht een natierlech och eng Formation des formateurs, fir déi néideg Enseignanten auszebilden. Et kann een nach ee Schratt méi wäit goen a froen, firwat net Lëtzebuergesch als Fach am Premières-Examen. Dat kléngt utopesch, mä et wär machbar: Linguistik, Lexikografie, Literatur, Intertextualitéit ... eis Sprooch bitt genuch Material, fir ganz Joeren domat ze fëllen. Mä mir si wäit dovun ewech. Et gëtt net emol doriwwer nogeduecht. Et ass op alle Fall en immenst komplext Feld. Net nëmme bei eis, mä och an der Groussregioun mat deene ville Grenzgänger, déi an eist Land schaffe kommen. Och an de Schoule ronderëm eist Land misst vill méi fir eis Sprooch gemaach ginn.

Mir hunn awer, wéi scho gesot, eng Alternativ zu der Wëssensvermëttlung. Fréier gouf d'Wësse just duerch Schoul a Buch vermëttelt. Du bass an eng Schoul oder an eng Bibliothéik gaang, an da konnts de dech do informéieren. Haut hunn d'Schüler den Handy, an et ass einfach onvirstellbar, wat een alles un Informatiounen aus dem Internet via den Handy ka kréien. Et kann een also neierdéngs behaapten, datt et och ouni d'Schoul geet. Et fënnt ee lo schonns immens vill iwwer d'Lëtzebuergescht am Internet. Mä eng Reform vun eisem Schoulsystem géing natierlech nach eemol alles vill méi ukuerbelen. Sou wéi et am Moment leeft, dat ass einfach net méi zäitgeméiss a gëtt enger « Nationalsprooch » och net gerecht.

Et ass sécher ganz vill an deene leschte Joere geschitt (zum Beispill: lb.wikipedia.org, Spellchecker.lu, LOD.lu ...), mä mir hunn ëmmer nach e wäite Wee virun eis.

Wou bleift de Grammar-Checker, de Programm fir d'Synthèse an d'Reconnaissance vocale, wou bleiwen d'online Exercicer mat Iwwersetzungen, d'Video-Lektiounen, e komplette Dictionnaire am Buchformat oder als APP fir d'Handyen, d'gratis Zeitung op Lëtzebuergesch ...? Mir ginn d'Dronkenellen aus, wa meng Schüler mer weisen, wat et alles fir hir Sprooch gëtt a wéi daierlech mir Lëtzebuerger mat eiser Sprooch do stinn.

D'Stëmm vun der Strooss seet lech Merci fir den Interview.

Marco.



# Angels

## Filmkritik




### CRITIQUE DEADPOOL 2

Deadpool, fait ce qu'il sait faire de mieux, éliminer les méchants, mais des malfrats trouvent son domicile et tuent sa fiancée alors que juste avant les deux amoureux parlaient d'avoir un bébé. Pendant que Wane (Deadpool) se laisse aller à son désespoir, il se fait une fois de plus capturer pour le forcer à rejoindre les x-men, mais il va une fois de plus briser les règles et se retrouver dans une prison pour personnes avec superpouvoirs avec le garçon qu'il va plus tard tenter de sauver....

Deadpool 2 était excellent, j'ai adoré l'humour noir propre à Wane comme dans le premier film, les scènes parodiant et blaguant sur d'autres films, les anciens et les nouveaux acteurs qui ont apporté à ce 2ième volet piment, humour, larmes, suspense, surprises et joie. Il y avait de tout. J'attends déjà avec impatience le 3ième volet alors que je suis à peine sortie du 2ième, car petit clin d'œil, tout est bien qui finit bien dans ce 2ième volet, et si je dis tout c'est vraiment tout, mais comment cela est possible, ça c'est à vous de le découvrir dans la salle de cinéma la plus proche de chez vous.




### CRITIQUE SOLO, A STAR WARS STORY

Han veut quitter sa planète natale avec Qi'ra sa petite amie. A la Douane, il obtient son nom Solo par un agent pas très intéressé de connaître son vrai nom, une aubaine pour lui. Il arrive a marchander leurs billets, mais malheureusement la garde impériale va venir et faire fermer toutes les portes avant que Qi'ra n'ai pu sortir. Le cœur brisé Han promet de retrouver Qi'ra. Va-t-il la retrouver et que sera devenue Qi'ra. Par quelles aventures et déboires va-t-il passer ?

Comment commence l'amitié entre Chewakka et Han est assez intéressante, mais l' histoire stagne toujours sur un et même sujet, se procurer des grandes quantités d'un gaz très cher par n'importe quel moyen, en essayant de se rouler entre vauriens et sauvez quelques personnes de l'esclavage dont la famille de Chewakka, ce qui est chou, mais pas très divertissant à mon goût. Mais je suis sûre que les fans de la Saga apprécieront. Solo, a Star Wars story est toujours à voir au Kinépolis Kirchberg. Avis aux amateurs.

# Éim Néckels - E Lëtzebuerger Whisky




***Wéi ass d'Iddi entstanen, Lëtzebuerger Whisky ze aachen?***

D'Iddi ass entstanen, well mir eng Brennerei hunn, a wann een eng Brennerei huet, da probéiert een alles ze maachen, wat an enger Brennerei méiglech ass. Fir e bëssche méi wäit auszehuelen: Mir sinn e landwirtschaftleche Betrib. Mir si kee Véibetrib, mee mir produzéieren Uebst a Geméis. Mir hunn Äerdbier, Mirabellen, Quetschen, Äppel, Kiischten a Biren. Natierlech, wann een Uebst verkeeft, läit et jo och no, dass déi Wueren, déi een elo net direkt ka verkafen, trotzdeem weider verwäert ginn, fir se net ewechzegeheien an awer ze valoriséieren. Mir maachen och Geméis, Zalot a verschidde Kabeszorten, sou dass mir awer eng breet Palett hei an eisem Buttek verkafen.
Zeréck zur Brennerei. D'Brennerei hu mir eréischt relativ spéit installéiert, dëst viru genau 10 Joer. Mir hu virdrun Alkohol gebrannt, awer an enger anerer Brennerei. Mee et ass méi schwiereg ginn, iergendwou e Brenner ze fannen, well d'Zuel vun de Brennereien hei am Land an de leschte Joren ofgeholl huet. Duerfir hu mir gesot, elo maache mir eis Brennerei onofhängeg, andeems mir selwer eng Brennerei kafen a selwer onst eegent Uebst brennen. Eis Produktioun ass och an d'Luucht gaangen. Mir brennen haut bis zu 4000 Liter d'Joer.

Elo zum Whisky, de Marché ass op fir dës Produkter, a wann ee Capacitéiten huet, wann een eng Brennerei huet, ass et logesch, dass een dat och wëll maachen, an esou ass d'Iddi komm, e Lëtzebuerger Whisky ze produzéieren.

***Wat ass d'Particularitéit vum Lëtzebuerger Whisky?***

Vum Lëtzebuerger Whisky, dat ass elo schwéier ze soen. Ech weess awer, wat d'Particularitéit vun eisem Whisky ass. D'Particularitéit ass, dass et e Kar-Whisky ass , also e gëtt aus Kar (däitsch: Roggen) gemaach mat e bësschen Zousaz vu Malz. Et ass kee Single Malt, mee et ass e Grain Whisky. Et kënnt dobäi, dass eise Whisky och e Single cask ass, dat heescht all de Whisky, dee mir an engem Joer verkafen, kënnt aus engem Faass. Eng Particularitéit, déi een och emol fënnt, awer éischter méi seelen. Dat sinn déi Particularitéiten, déi eise Whisky ausmaachen. De Single cask kënnt och aus méi klenge Produktiounen. Wann een ee Faass pro Joer produzéiert, ass et automatesch e Single cask.

***Ass et wouer, wat de Whisky méi al ass, wat e besser ass?***

Jo an nee, et hänkt ganz dovunner of, a welche Fässer, dass e geräift ass. Déi eng Fässer maachen e mëll, déi aner maachen en e bëssche méi blimmeleg. E bëssche méi hei, e bëssche méi do, dat hänkt ganz dovunner of. Prinzipiell ass et esou, wat e méi laang gelagert ass, wat e méi agreabel gëtt. Awer dat fänkt ab 5-6 Joer un. De Fait ass, wat e méi laang am Faass läit, wat e méi komplex am Geschmaach gëtt, duerfir seet een och, wat de Whisky méi al ass, wat e méi fein ass, mee eise Whisky ass scho 5 Joer am Faass gelagert a relativ komplex, dee kann ee schonn als Hopfen drénken.

***Wéi gëtt Whisky hiergestallt?***

De Whisky ass e Getreidebrand. Egal wat fir e Getreide dir elo huelt, ob dat Malz ass oder Kar, dat sinn ëmmer Kären, déi musse ganz reng gemuel ginn, an et muss Miel doraus
gemaach ginn. Dëst Miel gëtt mat Waasser ugeréiert, esou dass et sech opléist. Duerno gëtt et erhëtzt, kuerz ënner 60 Grad, an da gëtt et eng hallef Stonn meische gelooss. Firwat? Wann een d'Kären huet, egal wéi eng Zort Kären, ass do keen Zocker dran, do ass just Stäerkt dran. Elo geet et drëms, fir déi Stäerkt, déi an de Kären ass, ëmzewandelen an Zocker. D'Prozedur ass ähnlech wéi beim Béier, och do muss d'Stäerkt ëmgewandelt ginn an Zocker, an dat geschitt bei enger Temperatur ënner 60 Grad. Dat gëtt dann eng hallef Stonn leie gelooss, an dann ass d'Stäerkt ëmgewandelt an Zocker. A wann een da schmaacht, da mierkt een, dass et e séisselzege Goût huet. Firwat brauch een den Zocker? Zocker ass vergärbar, aus Zocker gëtt duerch eng chemesch Reaktioun Alkohol (duerch d'Bäisetze vun Hief). D'Hief ass de Katalysator, deen d'Ëmwandlung mécht vum Zocker zum Alkohol. Wann en elo déi hallef Stonn gemeischt huet, gëtt en ofgekillt op ënner 25 Grad, an da gëtt Hief dobäigemaach, wann d'Hief méi waarm gemaach géif ginn, géif se futti goen, well

se verdréit keng Temperaturen iwwer 28/29 Grad. Wärend 3 Deeg gëtt deen Zocker dann an Alkohol verwandelt, an dann ass e fäerdeg fir ze brennen. Da kënnt en an d'Brennerei, gëtt opgehëtzt. D'Hëtzt verdämpt den Alkohol, da gëtt deen opgefaangen, an dat ass dann de renge Whisky, deen awer dann nach wäiss ass. D'Faarf kënnt eenzeg an eleng vum Faass, de Goût deels vum Faass, deels vun der Matière premiere, mee d'Faarf kënnt vum Eechefaass.

### *Wéi erkennt een e gudde Whisky, wat muss een op der Fläsch beuechten?*

Gutt ass relativ, dat ass e bësschen eng Affäre de goût. Dat ass ganz schwéier ze soen. Ech hu léiwer e Single Malt, wat deen heite jo net ass, anerer hu léiwer e Bourbon, dee schmaacht vill besser. Déi eng hunn dat Torfegt gär, anerer net, duerfir soen ech guer net gär, dat do ass gutt oder net gutt. E gudde Brenner mécht jo, dass d'Produkt gutt ass, et kann engem schmaachen oder net schmaachen, dat ass den Ënnerscheed. Ech denken awer, dass kleng Brennereie méi Wäertschätzung sollte kréien, well se mat all hirem Wëssen, Freed an Häerzblutt hire Produit hierstellen. Mee dat gesäit een dann éischter net un der Fläsch.

### *Wat ass den Ënnerscheed tëschent Single Malt a Pure Malt?*

Ma de Single Malt, dat ass een, wou just nëmme Malz dran ass, dat ass de Geescht, deen dann ausgebreet gëtt, naass gemaach gëtt an opgehëtzt, dass en ufänkt ze kéngen. Do sinn dann Enzymer dran. De Pure Malt, dat ass, wann een och aner Malzen drënner huet, kee Single Malt ass zum Beispill de Grain Whisky, wéi eisen oder de Bourbon, de Bourbon gëtt een Deel och aus Mais gemaach. Et kann een am Fong aus alles, wat Käre sinn, e Whisky maachen. Vu bis ass alles méiglech.

### *Heescht deiere Whisky och gläich bessere Whisky?*

Nee. Et muss ee wëssen, wat ee keeft. Et kritt ee kee gudde Whisky ënner 20 Euro. Eng Fläsch, déi ënner 20 Euro kascht, ass industriell Wuer. Bei 20-25 Euro kann ee scho soen, et hätt een e Whisky, dee geräift ass, mee ech iwwerdreiwen elo, mee 400 Euro d'Fläsch heescht net, dass dat e gudden ass, déi verkafen eng Mark, an dee wier héchstwahrscheinlech net esou gutt, wann een dee blann géing schmaachen. Dat hänkt net dovunner of - deier ass gutt a bëlleg ass schlecht. Dat gëtt et am Fong hei net.

### *Dir distilléiert och Schnaps a Likör?*

Jo, mir maachen och aner Uebstbrenn, aus Quetschen, Mirabellen, Nëss, an alles, wat et esou gëtt. D'Likören, déi ginn awer net destilléiert, déi bestinn als Basis aus Äppelbranntewäin, do ginn d'Friichten dann dra meische gelooss, ginn ofgepresst, an da gëtt do Zocker bäigemaach. Dat sinn alles frësch Uebstlikören,déi mir hei maachen, a mir brauche keng kënschtlech Zousazstoffer derbäizemaachen.

### *Dir maacht jo och säit Generatiounen Dréppen, hutt Dir dofir Coursë geholl, waart Dir a Schottland oder sou?*

Ech sinn zum gréissten Deel en Autodidakt, dat heescht, ech hu mir et selwer bäibruecht. Dat wichtegst ass de Geschmaachssënn. Wann s de weess, elo hunn ech dat an dat gemaach, an d'Resultat ass net ewéi gewënscht, weess de déi nächste Kéier, dass de eppes anescht maache muss. Et brauch een natierlech e Grondwëssen. Wat ech emol gemaach hunn, ass eng Schoulung, fir mäi Geschmaach ze verfeineren. D'Technik vum Brennen hunn ech am Fong vu menge Virfare geléiert. Wann ee weess, wéi e Whisky gemaach gëtt, de Wee vum Brenne kennt, dann ass de Wee am Fong ganz kuerz. Mir ginn och op Foiren an huelen un externe Concoursen deel, wou mir dann och am internationale Vergläich mat eise Wuere stinn.

***Villmools Merci fir den interview***

Angel











# LA FÊTE DE L'INSIGNIFIANCE ?

## Commémoration du 21 août 1968




**par Aleš Knapp Kis**

**Les armées de l'Union Soviétique, de l'Allemagne de l'Est, de la Bulgarie, de la Pologne et de la Hongrie écrasaient le 21 août 1968 le mouvement démocratique tchécoslovaque appelé „Printemps de Prague“. Le film „L'insoutenable légèreté de l'être“ tourné d'après le roman de Milan Kundera et connu par tout le monde, est orné de séquences authentiques faisant voir les chars russes dans les rues de Prague.**

Les armées de l'Union Soviétique, de l'Allemagne de l'Est, de la Bulgarie, de la Pologne et de la Hongrie écrasaient le 21 août 1968 le mouvement démocratique tchécoslovaque appelé „Printemps de Prague“. Le film „L'insoutenable légèreté de l'être“ tourné d'après le roman de Milan Kundera et connu par tout le monde, est orné de séquences authentiques faisant voir les chars russes dans les rues de Prague.

Les journaux viennent d'être surchargés de rétrospectives concernant le soulèvement de la jeune génération contre l'establishment social: le Mai 1968 à Paris. Comment va-t-on s'occuper de l'autre cinquantenaire: le 21 août 1968? La différence entre les deux : les „soixante-huitards“ tels que Daniel Cohn-Bendit ne se révoltent que pour entamer leurs carrières politiques. Le „Printemps de Prague“ par contre est mis en marche par les écrivains : avant tout par Milan Kundera, romancier et essayiste, et Václav Havel, excellent dramaturge élu en 1989 président de la République. L'événement annonciateur d'une nouvelle ère, c'est, en 1963, le colloque international sur Kafka: les participants rejettent le système politique en réhabilitant le fameux écrivain pragois Franz Kafka, dont les oeuvres le système interdisait de publier. La route vers le „Printemps de Prague“ est définitivement ouverte en 1967 par le Congrès des écrivains tchécoslovaques. Les orateurs critiquent l'un des principaux outils du régime : la censure. Václav Havel dénonce les persécutions dont font l'objet les artistes. La contribution d'ouverture rédigée par Milan Kundera et intitulée „Rendre à la littérature sa qualité et sa dignité“ électrise l'atmosphère. En rejetant la censure, Kundera cite Voltaire, le représentant le plus connu de la philosophie des Lumières: „Je ne suis pas d'accord avec ce que vous dites, mais je me battrai jusqu'à la mort pour que vous ayez le droit de le dire.“ Dans son essai „Un Occident kidnappé ou la tragédie de l'Europe Centrale“ (1983), Kundera affirme : la culture tchèque était détruite par „une autre civilisation“, civilisation barbare, c'est-à-dire civilisation russe. Dans ce cas-ci, il a tort. Par rapport à Kundera, c'est Jan Palach qui a raison. Hors de la capitale tchèque, ce n'est qu'à Luxembourg Ville qu'un endroit (Square Jan Palach) porte le nom de ce jeune étudiant de la faculté des lettres à l'Université Charles Prague. Début 1969, au centre de Prague et publiquement, Palach s'est immolé par le feu. Il ne proteste pas contre l'occupation russe. Il proteste contre la censure. L'inscription sur la plaque commémorative à Luxembourg Ville n'est pas juste. Car Palach n'a pas fait don de sa vie tout simplement pour „protester contre l'outrage de son pays“. Dans sa lettre d'adieu, il exige: supprimer immédiatement la censure et stopper la distribution du bulletin de propagande Zprávy („Nouvelles“), rédigé et imprimé en Allemagne. Lire ou ne pas lire le roman de Kundera „La fête de l'insignifiance“, jusqu'ici son dernier? En tout cas oui. Lisez attentivement même la postface de François Ricard: „Milan Kundera note à quel point la liberté de l'âge mûr diffère de celle des artistes jeunes; c'est une liberté solitaire et dépourvue d'agressivité, qui n'a plus besoin de s'exhiber, de se battre ni d'en appeler à l'avenir, mais qui se contente de jouir d'elle-même et de laisser ses derniers, souvent ses plus beaux fruits.“ Tout en présentant les représentants du régime soviétique. Plutôt présentant les dignitaires, les mandataires, les responsables du régime soviétique - Staline, Kalinine et Krouchtchev - du côté humain, comme si Kundera s'essayait à dénier ses jugements tranchés et pas suffisamment mûrs dénigrant la Russie. Quant à l'Allemagne, Milan Kundera a bien des explications à corriger. Avant tout : la ville Kaliningrad, en allemand „Königsberg“, Kundera la présente comme une ville depuis toujours allemande, forcément „russifiée“ après la deuxième guerre mondiale. Il dissimule que la ville en Russie, au bord de la mer Baltique, fut fondée à l'époque médiévale par le roi tchèque Přemysl Otakar II et baptisée du nom tchèque: Královec („Ville Royale“). L'année prochaine, le fameux romancier francophone d'origine tchèque Milan Kundera devrait fêter son 90ème anniversaire. S'il arrive à corriger ses erreurs, cela ne sera point une fête de l'insignifiance



Les chars russes devant le musée national à Prague

# Interview mat TopTen

***Wat ass Top10 a wéi ass déi Iddi entstanen?***

Dat ass u sech den Numm vun enger A.s.b.l. U sech ass d'Iddi komm, wou mer zu 6 Kolleegen e Weekend verbruecht hunn. Dat war am Joer 2015. Mir hunn eis deen Owend gefrot: Wou gëtt et hei zu Lëtzebuerg de beschte Cordon Bleu? Du si mer dann op den Internet kucke gaangen an hu musse feststellen, dass een dat um Internet net erausfënnt. Et fënnt ee wuel de beschte Restaurant op verschidden Internetsitten, awer wou elo de beschte Cordon Bleu ass, do fënnt een näischt. Wann een also no engem bestëmmte Produit sicht, do fënnt ee guer näischt. Mir hunn eis du geduecht, et wär scho flott, wann een eng Säit hätt, op där ee géing verschidde Produite fannen, fir dat Bescht ze kréien. Deen ee Metzler huet vläicht déi beschte Grillwurscht, bei engem aneren ass awer den «Blanne Jang» dee beschten.

Mir hunn dunn direkt gekuckt, ob den Domaine «Top10» nach fräi ass, dee war nach fräi, a mir hunn eis en direkt reservéiert. Kuerz drop hu mer dunn d'A.s.b.l. gegrënnt, do ware mer zu 6, a säitdeem si mer ëmmer méi grouss ginn, fir elo bei ëm déi 15 Memberen ze leien, wat ëmmer erëm variéiert.

***Wéi vill Produkter hutt dir scho getest a ginn déi Resultater och publizéiert?***

Bis elo sinn der 22 publizéiert a mer hunn der 23 getest. Dat lescht, wat mer elo getest hunn, war Bauerenham, déi elo deemnächst wäert publizéiert ginn. Da si mer op 23 Produiten. Dat eent Joer teste mer vläicht e bësse méi wéi dat anert, wat vun de Leit awer ofhänkt. Zu 15 ass et méi schwéier, en Datum ze fanne wéi wann ee just zu 6 ass. Mir kucken ëmmer, dass mer zu minimum 5 sinn, wa mer e Produit testen. Wat een zu méi ass, wat et méi representativ ass. Et muss ee jo och d'Produite siche goen, an dann ass et einfach, wat een zu méi ass, wat ee méi Produiten huet. Wann ee 25 Metzler muss ofklappen, fir e Produit sichen ze goen, ass dat méi einfach, wann een zu méi ass. Et däerf een net fäerten, fir 100 g Ham bei de Metzler kafen ze goen. Am Ufank hu mer probéiert, alles ze iessen, elo si mer mat engem hallwe Rondel Lyoner zefridden. Oder beim Wäin, am Ufank mol e Glas gedronk an herno just eng Schlupp. Bis elo hu mer och just Lëtzebuerger Produkter getest, an dat dann och vun der Saison ofhängeg. Um Chrëschtmaart z.B. hu mer de Glühwäi getest, op der Schueberfouer hu mer d'Fritten ënnert d'Lupp geholl.

Mir sinn amgaangen ze iwwerleeën, fir déi al Produiten, déi mer scho getest hunn, nach emol ze testen, awer dann z.B. bei der Grillwurscht nei Metzlere mat bäizehuelen. Mee et ginn nach genuch Saachen, déi een teste kann. Publizéiert gëtt et um Internet op eisem Site, awer och op Facebook, et ass och do, wou mir dee meeschte Feedback an Interessi kréien.

***Wéi reagéieren déi eenzel Produzenten?***

Ma bei eisem alleréischten Test hate mer e Retour vun engem Produzent kritt. Dee war awer leider net esou frou. Mir hunn du kloergestallt, dass mir keng professionell Tester sinn a jiddereen en anere Goût huet. Mir probéieren, esou vill wéi méiglech ze testen, fir dass mer eng méi grouss Villfalt hunn. Mir soe jo och net, dass de Bäcker net gutt ass, mir kafe jo just e Produkt, wat mer testen, dann ass eben dat Produkt besser, oder mir fannen, dass et besser ass, vun deem Bäcker, Metzler..., wéi vun deem aneren. Dat kënnt awer net ëmmer esou gutt u beim Produzent, wann en net op éischter Plaz steet. Mir wëlle jo do net engem schlecht Publicitéit maachen, et ass jo eisen eegenen Androck. Fir de Moment hu mer u sech e gudde Feedback vun de Produzenten. D'Cathy Goedert z.B. huet eisen Diplom souguer an der Fënster hänken, den Emo huet den Diplom op senger Facebooksäit publizéiert an an hirem Geschäft zu Réimech an der Vitrinn hänken.

***Wéi wielt dir är Produkter aus, déi der teste wëllt a wéi leeft den Test dann of?***

Mir probéieren ëmmer e Produit ze fannen, deen awer hei produzéiert ginn ass. Mir froen och no, wat awer net ëmmer zu 100% richteg ass. Dat ass net ëmmer esou evident, mee wa mer mol de Glühwäin huelen, do waren der 2 oder 3, déi wierklech selwer gemaach waren, déi aner ware fäerdeg, mee do ass et dann awer och gutt ze wëssen, dass een op 2 Plaze richteg gudde kritt, well dee selwer gemaach gëtt. Meeschtens probéiere mer eis Produiten esou erauszesichen, dass mer der och genuch geschmaacht kréien. Am Summer hu mer Vanillesglace getest an net Mojito, Vanille huet jiddereen, wat bei der Mojito net esou de Fall ass. Oder eng Aachtchen, dat ass och typesch an déi huet all Bäcker. Mir maachen och alt emol en Opruff op Facebook, wou mer d'Leit da froen, ob si eng Iddi hunn, wat ee mol teste kéint.

Mir hu festgehalen, dass mer zu minimum 5 sinn, meeschtens si mer awer zu méi. Mir probéieren awer, esou ëm déi 10 Produiten ze testen, an dat all deeselwechten Dag. Wann dann eben e Bäcker deen Dag zou ass, da gëtt deen net matgetest, dat, fir deeselwechte Level ze hunn wéi all déi aner. Dat Ganzt gëtt blann gemaach, just mat Fändele mat Nummeren, wou dann am Ufank festgeluecht gëtt, wien wat fir eng Nummer huet. Wa mir herno am Grupp testen, da wësse mir net, wéi e Produit vu wéi engem Produzent ass. Wa mer dann zum Schluss eis Punkten all verdeelt hunn, gëtt zesummegezielt an da si mer oft iwwerrascht, wa mer d'Resultat gesinn. D'Kritäre gi ganz am Ufank festgehalen, déi Kritären, déi ëmmer dobäi sinn, sinn de Präis, d'Gewiicht, de Goût.

Wann een elo eppes schmaacht an et weess een net, vu wou et kënnt, da schmaacht een dat ganz aneschters a vill méi intensiv. Do huet een da Saache wéi bei der Aachtchen de Pudding, déi vill méi zum Virschäi kommen.

Mir treffen eis all Kéier bei engem aneren, wou dann de Produit a kleng Stécker geschnidde gëtt. Een nom anere gëtt da geschmaacht a kritt no eise Kritäre Punkten. Mir probéieren, eis natierlech net vun engem anere beaflossen ze loossen, wat net ëmmer evident ass.

***Zu wéi vill sidd dir an dem Grupp a wéi kann ee Member ginn?***

Aktuell si mer zu 15. Mee dat wiesselt alt reegelméisseg. Do sinn der dann déi soen, dass et hinnen ze vill gëtt mat der Aarbecht an dann erëm ofsprangen. Wa mer Tester maachen, da si mer esou ëm déi 10, déi 15 zesummekréien ass extrem schwiereg. Den Dag selwer, wou mer Tester maachen, gi vill Stonnen drop, dann ass ee frou, wann een Iwwerstonnen huet. Da fiert een emol e puer Stonnen duerch d'Land, fir d'Saache kafen ze goen, dann den Test selwer, dat sinn dann och nach 2 Stonnen, esou dass awer vill Stonnen dropginn. Fir Leit, déi net esou flexibel kënne schaffen, ass dat da scho méi schwéier. Mir sinn eng gutt Equipe, wat dat da méi einfach mécht. Ech denken net, dass et soss esou gutt géing lafen. Mir sinn awer ëmmer op fir nei Memberen. Op der Internetsäit ass e Formulaire drop, deen een ausfëlle kann, wann een sech wëll aschreiwen.

***Merci fir den Interview***

Skippy



European Commission

# Die europäische Säule sozialer Rechte in 20 Grundsätzen dargestellt

Zweck der europäischen Säule sozialer Rechte ist die **Bereitstellung neuer und wirksamerer Rechte für Bürgerinnen und Bürger**. Sie baut auf 20 Grundsätzen auf, welche in drei Kategorien eingeordnet sind:

- Chancengleichheit und Arbeitsmarktzugang
- Faire Arbeitsbedingungen
- Sozialschutz und soziale Inklusion

## Kapitel I : Chancengleichheit und Arbeitsmarktzugang

### 1. Allgemeine und berufliche Bildung und lebenslanges Lernen

Jede Person hat das Recht auf allgemeine und berufliche Bildung und lebenslanges Lernen von hoher Qualität und in inklusiver Form, damit sie Kompetenzen bewahren und erwerben kann, die es ihr ermöglichen, vollständig am gesellschaftlichen Leben teilzuhaben und Übergänge auf dem Arbeitsmarkt erfolgreich zu bewältigen.

### 2. Gleichstellung der Geschlechter

Die Gleichbehandlung und Chancengleichheit von Frauen und Männern muss in allen Bereichen gewährleistet und gefördert werden; dies schließt die Erwerbsbeteiligung, die Beschäftigungsbedingungen und den beruflichen Aufstieg ein. Frauen und Männer haben das Recht auf gleiches Entgelt für gleichwertige Arbeit.

### 3. Chancengleichheit

Unabhängig von Geschlecht, Rasse oder ethnischer Herkunft, Religion oder Weltanschauung, Behinderung, Alter oder sexueller Orientierung hat jede Person das Recht auf Gleichbehandlung und Chancengleichheit im Hinblick auf Beschäftigung, sozialen Schutz, Bildung und den Zugang zu öffentlich verfügbaren Gütern und Dienstleistungen. Die Chancengleichheit unterrepräsentierter Gruppen wird gefördert.

### 4. Aktive Unterstützung für Beschäftigung

Jede Person hat das Recht auf frühzeitige und bedarfsgerechte Unterstützung zur Verbesserung der Beschäftigungs- oder Selbständigkeitsaussichten. Dazu gehört das Recht auf Unterstützung bei der Arbeitssuche, bei Fortbildung und Umschulung. Jede Person hat das Recht, Ansprüche auf sozialen Schutz und Fortbildung bei beruflichen Übergängen zu übertragen. Junge Menschen haben das Recht auf eine Weiterbildungsmaßnahme, einen Ausbildungsplatz, einen Praktikumsplatz oder ein qualitativ hochwertiges

Beschäftigungsangebot innerhalb von vier Monaten, nachdem sie arbeitslos geworden sind oder ihre Ausbildung abgeschlossen haben.

Arbeitslose haben das Recht auf individuelle, fortlaufende und konsequente Unterstützung. Langzeitarbeitslose haben spätestens nach 18-monatiger Arbeitslosigkeit das Recht auf eine umfassende individuelle Bestandsaufnahme.

## Kapitel II : Faire Arbeitsbedingungen

### 5. Sichere und anpassungsfähige Beschäftigung

Ungeachtet der Art und Dauer des Beschäftigungsverhältnisses haben Arbeitnehmerinnen und Arbeitnehmer das Recht auf faire und gleiche Behandlung im Hinblick auf Arbeitsbedingungen sowie den Zugang zu sozialem Schutz und Fortbildung. Der Übergang in eine unbefristete Beschäftigungsform wird gefördert. Im Einklang mit der Gesetzgebung und Kollektiv- bzw. Tarifverträgen wird die notwendige Flexibilität für Arbeitgeber gewährleistet, damit sie sich schnell an sich verändernde wirtschaftliche Rahmenbedingungen anpassen können.

Innovative Arbeitsformen, die gute Arbeitsbedingungen sicherstellen, werden gefördert. Unternehmertum und Selbstständigkeit werden unterstützt. Die berufliche Mobilität wird erleichtert.

Beschäftigungsverhältnisse, die zu prekären Arbeitsbedingungen führen, werden unterbunden, unter anderem durch das Verbot des Missbrauchs atypischer Verträge. Probezeiten sollten eine angemessene Dauer nicht überschreiten.

### 6. Löhne und Gehälter

Arbeitnehmerinnen und Arbeitnehmer haben das Recht auf eine gerechte Entlohnung, die ihnen einen angemessenen Lebensstandard ermöglicht.

Es werden angemessene Mindestlöhne gewährleistet, die vor dem Hintergrund der nationalen wirtschaftlichen und sozialen Bedingungen den Bedürfnissen der Arbeitnehmerinnen und Arbeitnehmer und ihrer Familien gerecht werden; dabei werden der Zugang zu Beschäftigung und die Motivation, sich Arbeit zu suchen, gewahrt. Armut trotz Erwerbstätigkeit ist zu verhindern. Alle Löhne und Gehälter werden gemäß den nationalen Verfahren und unter Wahrung der Tarifautonomie auf transparente und verlässliche Weise festgelegt.

### 7. Informationen über Beschäftigungsbedingungen und Kündigungsschutz

Arbeitnehmerinnen und Arbeitnehmer haben das Recht, am Beginn ihrer Beschäftigung schriftlich über ihre Rechte und Pflichten informiert zu werden, die sich aus dem Beschäftigungsverhältnis ergeben, auch in der Probezeit.

Bei jeder Kündigung haben Arbeitnehmerinnen und Arbeitnehmer das Recht, zuvor die Gründe zu erfahren, und das Recht auf eine angemessene

Kündigungsfrist. Sie haben das Recht auf Zugang zu wirkungsvoller und unparteiischer Streitbeilegung und bei einer ungerechtfertigten Kündigung Anspruch auf Rechtsbehelfe einschließlich einer angemessenen Entschädigung.

**8. Sozialer Dialog und Einbeziehung der Beschäftigten**

Die Sozialpartner werden bei der Konzeption und Umsetzung der Wirtschafts-, Beschäftigungs- und Sozialpolitik gemäß den nationalen Verfahren angehört. Sie werden darin bestärkt, Kollektivverträge über sie betreffende Fragen auszuhandeln und zu schließen, und zwar unter Wahrung ihrer Autonomie und des Rechts auf Kollektivmaßnahmen. Wenn angebracht, werden Vereinbarungen zwischen den Sozialpartnern auf Unionsebene und auf Ebene der Mitgliedstaaten umgesetzt. Arbeitnehmerinnen und Arbeitnehmer oder ihre Vertretungen haben das Recht auf rechtzeitige Unterrichtung und Anhörung in für sie relevanten Fragen, insbesondere beim Übergang, der Umstrukturierung und der Fusion von Unternehmen und bei Massenentlassungen. Die Unterstützung für eine bessere Fähigkeit der Sozialpartner, den sozialen Dialog voranzubringen, wird gefördert.

**9. Vereinbarkeit von Berufs- und Privatleben**

Eltern und Menschen mit Betreuungs- oder Pflegepflichten haben das Recht auf angemessene Freistellungs- und flexible Arbeitszeitregelungen sowie Zugang zu Betreuungs- und Pflegediensten. Frauen und Männer haben gleichermaßen Zugang zu Sonderurlaub für Betreuungs- oder Pflegepflichten und werden darin bestärkt, dies auf ausgewogene Weise zu nutzen.

**10. Gesundes, sicheres und geeignetes Arbeitsumfeld und Datenschutz**

Arbeitnehmerinnen und Arbeitnehmer haben das Recht auf ein hohes Gesundheitsschutz- und Sicherheitsniveau bei der Arbeit.

Arbeitnehmerinnen und Arbeitnehmer haben das Recht auf ein Arbeitsumfeld, das ihren beruflichen Bedürfnissen entspricht und ihnen eine lange Teilnahme am Arbeitsmarkt ermöglicht. Arbeitnehmerinnen und Arbeitnehmer haben das Recht auf den Schutz ihrer persönlichen Daten im Rahmen eines Beschäftigungsverhältnisses.

**Kapitel III : sozialschutz und soziale Inklusion**

**11. Betreuung und Unterstützung von Kindern**

Kinder haben das Recht auf hochwertige, bezahlbare frühkindliche Bildung und Betreuung.

Kinder haben das Recht auf Schutz vor Armut. Kinder aus benachteiligten Verhältnissen haben das Recht auf besondere Maßnahmen zur Förderung der Chancengleichheit.

**12. Sozialschutz**

Unabhängig von Art und Dauer ihres Beschäftigungsverhältnisses haben Arbeitnehmerinnen und Arbeitnehmer und unter vergleichbaren Bedingungen Selbstständige das Recht auf angemessenen Sozialschutz.

**13. Leistungen bei Arbeitslosigkeit**

Arbeitslose haben das Recht auf angemessene Unterstützung öffentlicher Arbeitsverwaltungen bei der (Wieder-)eingliederung in den Arbeitsmarkt durch arbeitsmarktpolitische Maßnahmen und auf angemessene Leistungen von angemessener Dauer entsprechend ihren Beiträgen und den nationalen Bestimmungen zur Anspruchsberechtigung. Diese Leistungen sollen die Empfänger nicht davon abhalten, schnell wieder in Beschäftigung zurückzukehren.

**14. Mindesteinkommen**

Jede Person, die nicht über ausreichende Mittel verfügt, hat in jedem Lebensabschnitt das Recht auf angemessene Mindesteinkommensleistungen, die ein würdevolles Leben ermöglichen, und einen wirksamen Zugang zu dafür erforderlichen Gütern und Dienstleistungen. Für diejenigen, die in der Lage sind zu arbeiten, sollten Mindesteinkommensleistungen mit Anreizen zur (Wieder-)eingliederung in den Arbeitsmarkt kombiniert werden.

**15. Alterseinkünfte und Ruhegehälter**

Arbeitnehmerinnen und Arbeitnehmer und Selbstständige im Ruhestand haben das Recht auf ein Ruhegehalt, das ihren Beiträgen entspricht und ein angemessenes Einkommen sicherstellt. Frauen und Männer sind gleichberechtigt beim Erwerb von Ruhegehaltsansprüchen. Jeder Mensch im Alter hat das Recht auf Mittel, die ein würdevolles Leben sicherstellen.

**16. Gesundheitsversorgung**

Jede Person hat das Recht auf rechtzeitige, hochwertige und bezahlbare Gesundheitsvorsorge und Heilbehandlung.

**17. Inklusion von Menschen mit Behinderungen**

Menschen mit Behinderungen haben das Recht auf Einkommensbeihilfen, die ein würdevolles Leben sicherstellen, Dienstleistungen, die ihnen Teilhabe am Arbeitsmarkt und am gesellschaftlichen Leben ermöglichen, und ein an ihre Bedürfnisse angepasstes Arbeitsumfeld.

**18. Langzeitpflege**

Jede Person hat das Recht auf bezahlbare und hochwertige Langzeitpflegedienste, insbesondere häusliche Pflege und wohnortnahe Dienstleistungen.

**19. Wohnraum und Hilfe für Wohnungslose**

a. Hilfsbedürftigen wird Zugang zu Sozialwohnungen oder Unterstützung bei der Wohnraumbeschaffung von guter Qualität gewährt.

b. Sozial schwache Personen haben das Recht auf angemessene Hilfe und Schutz gegen Zwangsräumungen.

c. Wohnungslosen werden angemessene Unterkünfte und Dienste bereitgestellt, um ihre soziale Inklusion zu fördern.

**20. Zugang zu essenziellen Dienstleistungen**

Jede Person hat das Recht auf den Zugang zu essenziellen Dienstleistungen wie Wasser-, Sanitär- und Energieversorgung, Verkehr, Finanzdienste und digitale Kommunikation. Hilfsbedürftigen wird Unterstützung für den Zugang zu diesen Dienstleistungen gewährt.

Weitere Informationen finden Sie unter :
https://ec.europa.eu/commission/priorities/deeper-and-fairer-economic-andmonetary-union/european-pillar-social-rights/european-pillar-social-rights-20principles_de

# Plaquette de présentation

arcus

am Déngscht vu Kanner, Jugend a Famill

Quai 57  Suchtberodungsstell

Le Quai 57 – Suchtberodungsstell est un service d'arcus asbl fournissant **une aide psychosociale, socio-thérapeutique et psychothérapeutique à destination des personnes souffrant d'une addiction (avec ou sans substance)  ainsi qu'à leur entourage**.

L'offre de service se décline comme suit :

- **Consultation ambulatoire psychosociale** (suivi professionnel, administratif, judiciaire et/ou lié au logement, et.) et/ou **psychothérapeutique** liées à l'addiction ;
- **Orientation thérapeutique** pour les patients entreprenant une thérapie stationnaire (Luxembourg, Allemagne, Belgique, France, Italie) ;
- **Information, formation** et/ou **sensibilisation** relative aux addictions à destination du grand public et/ou des professionnels ;
- Développement des prestations ci-dessus mentionnées dans le cadre de **consultations régionales**.

Population cible :

- Toute **personne majeure** présentant des **conduites addictives** ou vivant des conduites addictives dans son **entourage** ;
- Tout **professionnel** rencontrant cette problématique dans sa pratique et désirant une **information** et/ou un **accompagnement** dans ce domaine ;

L'équipe :


- Alexandra Paladino - Assistante sociale  - alexandra.paladino@arcus.lu ;
- Jonathan Uselding – Assistant social – jonathan.uselding@arcus.lu ;
- Grégory Lambrette – Coordinateur, psychologue et psychothérapeute – gregory.lambrette@arcus.lu

Comment nous contacter et/ou prendre un rendez-vous avec nous ? :

- Directement avec notre service par téléphone (+ 352 26 48 04 90), par mail (voir ci-dessus ou via l'adresse suivante : quai57@arcus.lu)
- A partir des coordinatrices organisant un rendez-vous avec l'un des membres de notre équipe selon la demande ou le problème rencontré ;
- A Luxembourg-ville ou dans les différents Familljenhaiser selon les besoins des patients et des disponibilités de l'équipe.

Ce qu'il est encore important de savoir :

- Les consultations sont anonymes et gratuites ;
- Le service est accessible sur rendez-vous du lundi au vendredi de 8h à 17h (avec possibilités d'aménagement si nécessaire) ;
- Les consultations peuvent se faire en luxembourgeois, allemand, français, anglais, italien.





# Klick















## DART TOURNOI



# Klick

## JOURNÉE PAELLA









# Klick















## EXCURSION_À_NAMUR









# Klick


















# Klick











gingo

**LIVRAISON_FOUR**





# Klick







Villmools Merci un den Escher Jongelycée fir d'Spend vun 1200€. D'Schüler hunn d'Mini-Entreprise « Mom's Kitchen » gegrënnt an e Kachbuch erausbruecht. Den Erléis (3600 €) hu si 3 Associatioune gespent.

## ÉQUIPE RÉDACTIONELLE

Michel Hoffmann, Angel, eLKa, Flanter, Marco, Skippy, Zeckie, Ales Knapp Kis, Trista, Patrick

## PHOTOS

Stëmm vun der Strooss, pixaboy.de

## CORRECTION

Lëtzebuergesch Sprooch an Orthographie :
Christiane Ehlinger a Sonia Thewes
Langue et orthographie française :
Michel Petit

## LAYOUT

Stëmm vun der Strooss, unterstützt von The Loupe.
www.the-loupe.com
5, rue de la Frontière, 9412 Vianden, Luxembourg

## ABONNEMENT ET SOUTIEN

Vous pouvez soutenir nos actions en choisissant l'une de ces formules:

| | |
|---|---|
| Abonnement journal + carte de membre : | **20 €** |
| Abonnement journal: | **15 €** |
| Carte de membre: | **10 €** |

en versant la somme correspondante sur le compte LU63 0019 2100 0888 3000 auprès de la BCEE

L'asbl Stëmm vun der Strooss disposant du statut d'utilité publique, les dons en notre faveur sont fiscalement déductibles des revenus nets, comme dépenses spéciales, si leur cumul est au moins égal à 120 euros par année d'imposition et dans la limite de 1.000.000 euros ou 20% du revenu imposable (loi modifiée du 4 décembre 1967).

## RÉDACTION

7, Rue de la Fonderie
L-1531 Luxembourg
Tél. (00352) 49 02 60
Fax (00352) 49 02 63

redaktion@stemm.lu
www.stemm.lu

Stëmm vun der Strooss asbl est conventionnée avec le Ministère de la Santé et travaille en étroite collaboration avec la Croix Rouge luxembourgeoise.

Les articles signés ne reflètent pas nécessairement l'opinion de l'association.

Parution cinq fois par an.
Tirage 6000 exemplaires.


#1 Scannez ce QR Code DIGICASH
#2 Validez le montant de 15 €
#3 Validez avec votre empreinte digitale ou votre code PIN
www.digicash.lu

Abonnez-vous en **6 secondes** grâce à votre app mobile **DIGICASH**

DIGICASH MOBILE PAYMENTS

Stëmm vun der Strooss asbl

7, Rue de la Fonderie
L-1531 Luxembourg
Tél. (00352) 49 02 60
Fax (00352) 49 02 63
stemm@stemm.lu
www.stemm.lu




32, Grand-Rue
L-4132 Esch-sur-Alzette
Tél. (00352) 26 54 22
Fax (00352) 26 54 22 27
esch@stemm.lu
www.stemm.lu

